

DE KANTON RÉIDEN *Magazine*


Édition
française &
luxembourgeoise



OSCARÉ
Interview
Entretien

WANDPARK KANTON RÉIDEN
Et geet endlech lass!
— Ça commence enfin !

SUMMER / ÉTÉ
Tipps fir Vélo a Wanderen
Idées pour le vélo et la randonnée



INHALT - SOMMAIRE

04

Virwuert

Préface



32

Ëmwelt

Environnement

77

Seniors

Séniors

48

Lokal Ekonomie

Economie locale



06

Aktuelles aus de Gemengen
an aus dem Kanton

Actualités des
communes et du canton

54

Fräizäit & Tourismus

Loisirs & Tourisme

82

Agenda

26

Kanner & Jugend

Enfance & Jeunesse

62

Kultur

Culture

84

Spiller

Jeux

Impressum

Editeur, concept & réalisation :
brain&more -
agence en communication

Rédaction :
Syndicat Kanton Réiden &
partenaires

Photo de couverture :
Antoinette Ney-Schuler

Renseignements :
magazine@kanton-reiden.lu
Tous droits réservés

Prochaine parution :
Juin 2025

Clôture :
05.07.2025

Tirage :
9.000

Impression :
Imprimerie Heintz

Papier recyclé FSC (C103749)
Imprimé au Luxembourg



Régie publicitaire
brain&more -
agence en communication
(+352) 26 84 71 - 1
brain@brain.lu



Léif Lieserinnen a Lieser,

d'Deeg si laang an d'Natur weist sech an hirer ganzer Pruecht – de Summer ass do!

Och an eisem Wëlle Westen gëtt et an den nächste Méint vill ze erliwien. Dir kënnt also mat rouegem Gewëssen Är Amerika-Rees weiderverschenken a Vakanz doheem maachen.

Hei e klengen Iwwerbléck iwwer e puer vun eisen Highlights:

De Startschoss mécht eisen traditionelle Weekend vum Wëlle Westen, de 29. Juni, dee sech dëst Joer um Site vun der Biekerecher Millen ofspillt. Kommt laanscht a profitéiert vum ofwiesslungsräiche Programm – mat Féierunge vum neien Energiemusée, Ateliere fir Kanner, Infostänn vun den touristeschen Acteuren aus eisem Eck an natierlech less- a Gedréngsstänn. All d'Animatioune si gratis!

Een aneren Highlight ass de Vélosommer, bei deem dëst Joer zwou vun eise Strecken ausgewielt goufen. De Vélo-

summer am Wëlle Westen fënnt de Weekend vum 26. & 27. Juli an nach eng Kéier den 2. & 3. August statt. Méi Info fannt Dir an dësem Magazine. Schmiert also scho mol Äre Vélo a fuert mat beim Tour vum Wëlle Westen:

- De groussen Tour (53 km / 800 Héichtemeter) – perfekt fir E-Bike oder Geüübten
- De Familljentour (11 km) – ideal fir déi méi kuerz Bengelcher

Vu Juni bis August kënnt Dir och E-Bikes an eiser TouristInfo zu Useldeng ausléinen!

Des Weideren organiséiert de Service Tourisme & Vivre Ensemble dëse Summer nees hire beléifte Quiz-Rallye! Hei hutt Dir vum 19. Juli bis de 17. August Zäit den Indizien nozegoen, déi an de 9 Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg verstoppt sinn.

Mat de Guided Summer Tours vum ORT Guttland ginn och dëst Joer erëm spannend Féierungen an Aktivitéiten ugebueden – dorënner och eng Rei fir Kanner a Familljen.

Eis Wanderfrënn komme voll op hir Käschten: Mir hunn lech fir dëse Magazine en Iwwerbléck iwwer sämtlech Wanderweeër am Kanton zesumme gestallt a ware selwer iwwerrascht, wéi vill verschidden Tréppeltier et ginn!

Ganz nei sinn eis Zäitrees-Tréppeltier, déi lech duerch eis Dierfer féieren an unhand vu Panneauen iwwer d'Liewen vu fréier erzielen. Dir kënnt dës Weeër eleng entdecken oder un enger Féierung mat engem Lokalhistoriker deelhuefen. Weider Detailer fannt Dir och hei am Magazin.

Egal ob um Vélo, beim Tréppelen oder op engem Fest – de Summer am Wëlle Westen verspricht eppes fir all Goût. Fir mei Informatiounen kennt Dir och ëmmer an eisem TouristInfo zu Useldeng laanscht kommen!

Mir wënschen lech eng erhuelsam a flott Zäit dobaussen – a vill Freed beim Liese vun dësem Magazine!

Paul Maréchal
Member vum Bureau vum Syndikat Kanton Réiden
Responsabel fir den Tourismus



ORT Guttland Summer Tipps



© Kanton Réiden

PRÉFACE

Chères lectrices, chers lecteurs,

Les journées s'allongent et la nature se montre dans toute sa splendeur – l'été est bel et bien arrivé !

Dans notre Wëlle Westen, les prochains mois seront riches en découvertes. Vous pouvez donc, en toute tranquillité, offrir votre billet pour les Etats-Unis à quelqu'un d'autre et profiter ainsi des vacances chez vous.

Voici un petit aperçu de quelques-uns de nos moments forts :

Le départ est donné par notre traditionnel Weekend vum Wëlle Westen, le 29 juin, qui aura lieu cette année sur le site du Moulin de Beckerich. Venez nombreux et profitez d'un programme varié : visites guidées du nouveau musée de l'énergie, ateliers pour enfants, stands d'information de nos partenaires touristiques de la région, ainsi que des stands de restauration. L'ensemble des animations est gratuit !

Autre moment fort : le Vélosommer, pour lequel deux de nos circuits ont été sélectionnés cette année. Le Vélosommer dans notre région aura lieu le week-end des 26 & 27 juillet, ainsi que les 2 & 3 août. Vous trouverez plus d'informations dans ce magazine. Alors, préparez déjà vos vélos et partez à la découverte du Tour vum Wëlle Westen :

- Le grand tour (53 km / 800 m de dénivelé) – idéal pour vélos électriques ou cyclistes entraînés
- Le tour familial (11 km) – parfait pour petits et grands

De juin à août, vous pouvez également louer des vélos électriques à notre office de tourisme à Useldange !

De plus, le service Tourisme & Vivre Ensemble organise à nouveau cet été son rallye-quiz ! Du 19 juillet au 17 août, vous pourrez suivre les indices répartis dans 9 communes du canton de Redange ainsi que dans la commune de Mertzig.

Grâce aux Guided Summer Tours de l'ORT Guttland, vous pouvez également participer cette année à toute une série de visites guidées et d'activités – notamment pour les enfants et les familles.

Les amateurs de randonnée seront également comblés : nous vous avons préparé dans ce magazine un aperçu de tous les circuits pédestres du canton – et nous avons été nous-mêmes surpris par leur panoplie !

Nouveauté cette année : nos balades Zäitrees, qui vous emmènent à travers nos villages et racontent, au fil de panneaux explicatifs, la vie d'autrefois. Ces circuits peuvent être

découverts de manière autonome ou lors de visites guidées par des historiens locaux. Vous trouverez tous les détails dans ce magazine.

Que ce soit à vélo, à pied ou lors d'une fête – l'été dans le Wëlle Westen promet des découvertes pour tous les goûts. Pour plus d'informations, vous pouvez également toujours passer à notre office de tourisme à Useldange !

Nous vous souhaitons un bel été, riche en découvertes en plein air et beaucoup de plaisir à la lecture de ce magazine !

Paul Maréchal
Membre du bureau du
Syndicat Kanton Réiden
Responsable du tourisme



D’GEMENG SËLL SCHAFFT UN ENGEM MASTERPLANG FIR 2035



© Kanton Réiden



De Buergermeeschter Gérard Zoller erkläert, wat de Masterplang 2035 fir d’Gemeng Sëll bedeit.

Wat sinn d’Ziler vum Masterplang „Sëll 2035“?

De Masterplang soll d’Zukunft vun eiser Gemeng fir déi nächst zwou Legislaturperiode plangen an d’Ressourcen intelligent notzen. No villem Fokus op de Verkéier kucke mer elo no deenen anere Bedierfnisser vun eise Bierger: Spillplazen, Schoulgebai, Sport a Veräiner.

Wéi eng Erausforderunge goufen identifizéiert?

D’Schoul stéisst un hir Grenzen: et feele Bibliothéik, Vestiaires, Personalraum a méi grouss Klassenäil. D’Veräiner hu Problemer Nowuess ze fannen, et feelt u Raimlechkeete fir hiert Material ze stockéieren a Reuniounen ze halen. Och Spillplaze goufen an neie Wunngebiddere net genuch geplangt, a mir envisagéieren e Multisportsterrain.

Wat sinn nieft der Schoul, Veräiner a Fräizäit-Plazen nach aner Handlungsfelder?

Den Ausbau vun der Gemengeverwaltung, den Amenagement vun der Maison Gaasch (Wunnen oder Geschäfte) a vum Duerfzentrum (Wunnen a Geschäfte). Punkto Mobilitéit schléisst mer de Projet Arelerstrooss mat Zone 30 af, de Geforepunkt Sortie Zärepesch gëtt besser amenagéiert an zu Kaalmes gëtt eng Zone 30 mat Verkéiersberouigung amenagéiert.

Wéi goufen d’Bierger agebonnen?

Iwwer eng Biergerversammlung, ee Feedback-Site an Einzelgespräicher mam Gemengen- a Schoulpersonal. Natierlech gouf och am Gemengerot iwwer d’Resultat diskutéiert.

LA COMMUNE DE SAEUL ÉLABORE UN PLAN DIRECTEUR POUR 2035

Le bourgmestre Gérard Zoller nous explique ce que le plan directeur 2035 représente pour la commune de Saeul.

Quels sont les objectifs du plan directeur « Saeul 2035 » ?

Le plan directeur vise à organiser l’avenir de notre commune pour les deux prochaines législatures et à utiliser intelligemment les ressources dont nous disposons. Après avoir longtemps mis l’accent sur la question du trafic, nous nous intéressons désormais aussi aux autres besoins de nos citoyens : aires de jeux, bâtiments scolaires, sport et vie associative.

Quels défis ont été identifiés ?

L’école atteint ses limites : il manque une bibliothèque, des vestiaires, des salles pour le personnel et des

salles de classe plus spacieuses. Les associations rencontrent des difficultés à attirer de nouveaux membres et ne disposent pas de locaux pour se réunir ou entreposer leur matériel. Dans les nouveaux quartiers résidentiels, les aires de jeux ont été insuffisamment prises en compte. Un terrain multisports est également envisagé.

Quels sont, en plus de l’école, des associations et des espaces de loisirs, les autres domaines d’action ?

L’extension de l’administration communale, l’aménagement de la Maison Gaasch (logements ou commerces) ainsi que du centre du village (logements et commerces). En matière de mobilité, le projet de la rue d’Arlon intègre une zone 30, le point dangereux à la sortie de Zärepesch sera réaménagé, et une zone 30 avec



© Gemeng Sëll

apaisement du trafic est prévue à Calmus

Comment les citoyens ont-ils été impliqués ?

Par une réunion citoyenne, une plateforme de feedback dédiée et des entretiens individuels avec le personnel communal et scolaire. Les résultats ont bien sûr aussi été discutés au conseil communal.

D'GEMENG ELL FEIERT 200 JOER



De 14. März huet d'Gemeng Ell hiren 200. Gebuertstag mat engem grouse Festowend gefeiert. Nieft prominente Gäscht waren och vill Verrieder aus der nationaler a lokaler Politik, de Veräiner an aus der lokaler Bevëlkerung am gutt gefëllte Centre Camille Ney dobäi.

De Moderator Edy Graf huet d'Feierlechkeete mat enger Begrëssung lancéiert, déi e kritesche Bléck op d'Vergaangenheet souwéi op déi haiteg schnellieweg Zäit geriicht huet, éiert den Innenminister Léon Gloden an de Kulturminister Eric Thill d'Wuert ergraff hunn. D'Freed war besonnesch grouss iwwer d'Präsenz vum Jean-Claude Juncker, deen zu Ell seng Kandheet verbruecht huet. Den Owend gouf musikalesch begleet vun der Musik Gemeng Ell an hiren Highlight war d'Uropféierung vum Wierk Josefine vum Camille Kerger, engem gebiertegen Eller.

Firwat feiert Ell iwwerhaapt? D'Feier war eng Geleeënheet, fir zeréckzekucken, iwwer déi aktuell Zäit ze reflektéieren an an d'Zukunft ze blécken. Ell steet fir e liewegt Veräinsliewen an eng staark Verbonnenheet mat der Natur.

A senger Ried huet de Buergermeeschter sech fir eng Gesellschaft ausgeschwat, déi Mënschlechkeet, sozialen Zesammenhalt an d'Freed un der Aarbecht nees an de Mëttelpunkt setzt.

Och déi regional an europäesch Dimensioun hat hir Plaz a senger Ried: d'Gemeng Ell war vun Ufank un aktiv an den Zesummeschlëss vum Kanton Réiden an an der Coopératioun transfrontalière vun der Vallée de l'Attart – „l'Europe en petit“.

Den uschlëssende Virtrag iwwer d'Geschicht vun der Gemeng Ell, opgesat vum Henri Leyder, Laurent Schaus a Claude Schmit, huet déi wichtegst Etappe vun de leschten 200 Joer belicht. D'Archivmaterial vum Romain Gaspar a Robert Roder huet d'Presentatioun beräichert.

Déi 200 Joer goufen net nëmmen als historesche Jubiläum gefeiert, mee och als Symbol fir Demokratie, Zesummeliewen a regional Zesummenaarbecht. E symbolesche Bam mat enger Bänk vis-à-vis vum Centre Camille Ney soll d'Awunner invitéieren, iwwer d'Zukunft nozedenken.

Zum Schluss huet de Jean-Claude Juncker eng emotional Ried gehalen an u seng Kandheet zu Ell erënnert. Hien huet betount: „Ech hunn ni vergiess, wu wou ech hierkommen. Meng Eller Wuerzelen hu mir gehollef, Europa ze verstoen.“

LA COMMUNE D'ELL FÊTE SES 200 ANS

Le 14 mars, la commune d'Ell a célébré son 200^e anniversaire avec une grande soirée festive. Outre les invités éminents, de nombreux représentants de la politique nationale et locale, des associations ainsi que des habitants de la commune étaient présents dans un Centre Camille Ney comble.

Le maître de cérémonie, Edy Graf, a ouvert les festivités par une allocution empreinte de réflexion, avant que le ministre de l'Intérieur, Léon Gloden, et le ministre de la Culture, Eric Thill, ne prennent la parole. La présence de Jean-Claude Juncker, qui a passé son enfance à Ell, a particulièrement réjoui l'assemblée. La soirée a été accompagnée musicalement par la Musik Gemeng Ell, avec comme moment fort la première de l'œuvre Joséfine du compositeur originaire d'Ell, Camille Kerger.

Mais pourquoi une telle célébration ? Cette fête est l'occasion de jeter un regard sur le passé, de réfléchir au présent et de se projeter vers l'avenir. La commune d'Ell se distingue par une vie associative dynamique et un lien fort avec la nature.

Dans son discours, le bourgmestre a plaidé pour une société qui replace l'humanité, la cohésion sociale et le plaisir du travail au centre des priorités.

La dimension régionale et européenne n'a pas été oubliée. La commune d'Ell a été active dès le départ dans les coopérations intercommunales du canton de Redange, ainsi que dans la coopération transfrontalière de la Vallée de l'Attert – une « Europe en petit ».

La conférence historique qui a suivi, élaborée par Henri Leyder, Laurent

Schaus et Claude Schmit, a retracé les grandes étapes des 200 dernières années de la commune. Des photos mises à disposition par Romain Gaspar et Robert Roder ont enrichi cette présentation.

Ces 200 ans n'ont pas seulement été célébrés comme un simple jubilé historique, mais aussi comme un symbole vivant de démocratie, de cohésion sociale et de coopération régionale. Un arbre symbolique, accompagné d'un banc face au Centre Camille Ney, invite les habitants à réfléchir à l'avenir de leur commune.

Pour conclure, Jean-Claude Juncker a prononcé un discours personnel, dans lequel il s'est souvenu avec émotion de son enfance heureuse à Ell. Il a souligné : « Je n'ai jamais oublié d'où je viens. Mes racines à Ell m'ont aidé à comprendre l'Europe. »

D'WALPURGISNUECHT ZU DELLEN



Dëst Joer huet d'Kultur- an Tourismuskommissioun „Aktiounsschmëtt“ nees zu enger Walpurgisnuecht an de Bësch agelueden. Vill Familljen hu sech Ower den 30. Abrëll 2025 um 20:45 Auer zu Dellen versammelt, fir zesummen e flotte Spadséiergang duerch d'Däischtert an d'Walpurgisnuecht eran ze maachen. Ënnerwee huet d'Geschichtenerzielerin Betsy Dentzer bei Käerzeschäin spannend a geheimnisvoll Geschichten erzielt, déi fir magesch Momenter gesuert hunn. Zum Ofschloss hunn d'Leit sech bei gudder Stëmmung beim Deller Sall afont, wou d'Kommissioun fir Gegrills an e Patt gesuert huet.



© Andreas Schindler

WALPURGISNUECHT À DELLEN

Cette année, la commission Culture et Tourisme « Aktiounsschmëtt » a de nouveau organisé une Nuit de Walpurgis dans la forêt. De nombreuses familles se sont réunies le soir du 30 avril 2025 à 20h45 à

Dellen, pour participer ensemble à une belle promenade à travers l'obscurité et entrer dans la magie de la Nuit de Walpurgis. En chemin, la conteuse Betsy Dentzer a raconté des histoires captivantes et mystérieuses

qui ont créé des moments magiques. Pour clore l'événement, les gens se sont rassemblés dans une bonne ambiance à la salle de Dellen, où la commission avait préparé des grillades et des boissons.

NEI PERSPEKTIVEN AN DER GESONDHEITSVERSUERUNG

NOUVELLES PERSPECTIVES DANS LES SOINS DE SANTÉ



An der Rue de Vichten zu Useldeng starten an deenen nächste Wochen d'Aarbechte vun engem moderne Gesondheetshaus.

Eng Biergerëmfro am Kader vun der Vision territoriale huet nämlech e Manktem u medezinescher a paramedezinescher Infrastruktur am Kanton opgewisen. Doropshin huet den Useldenger Schännerot d'ëst a seng Schännerotserklärung afléisse gelooss an 2023 sinn d'Pläng ausgeschafft ginn.

Am Oktober 2024 huet de Gemengerot de Projet an déi geplangte Baukäschten an Héicht vu 4,96 Milliounen Euro eestëmmeg ugeholl.

Geplangt sinn: Dokteschpraxissen, e Laboratoire, 3 Cabinete fir Psychologen a Psychotherapeuten, souwéi Raim fir Ergo- a Kinesitherapie. Et entstinn 34 Parkplaze fir Patienten a 14 fir d'Personal. D'Gebai ka spéider ausgebaut ginn, z. B. fir eng Apdik.

Ein Cabinet médical vu 120 m² am Rez-de-chaussée ass nach ze verlounen. D'Aarbechte solle viraussichtlech 2026 ofgeschloss sinn.

Dir sidd Generalist oder Spezialist a sidd interesséiert lech am neie Gesondheetshaus niddierzeloossen? Da kommt gären op eis zou – kontaktéiert eise Service technique ënner technique@useldeng.lu.

Dans la rue de Vichten à Useldange, les travaux d'une maison de santé moderne débuteront dans les prochaines semaines.

Une enquête citoyenne réalisée dans le cadre de la Vision territoriale a révélé un manque d'infrastructures médicales et paramédicales dans le canton. Le collège échevinal d'Useldange a donc intégré ce besoin dans sa déclaration de mandat, et les plans ont été élaborés en 2023.

En octobre 2024, le conseil communal a approuvé à l'unanimité le projet ainsi que les coûts de construction, estimés à 4,96 millions d'euros.

Sont prévus : des cabinets médicaux, un laboratoire, trois cabinets pour psychologues et psychothérapeutes, ainsi que des locaux pour l'ergothérapie et la kinésithérapie. Il y aura 34 places de parking pour les patients et 14 pour le personnel. Le bâtiment pourra être agrandi ultérieurement, par exemple pour accueillir une pharmacie.

Un cabinet médical de 120 m² au rez-de-chaussée est encore disponible à la location. Les travaux devraient être terminés en 2026.

Vous êtes médecin généraliste ou spécialiste et souhaitez vous installer dans la nouvelle maison de santé ? N'hésitez pas à nous contacter via notre service technique : technique@useldeng.lu.

FIERKELSMART 2025 BEI BESCHTEM WIEDER



FIERKELSMART 2025 SOUS UN TEMPS RADIEUX



De Fierkelsmaart 2025 war och dëst Joer e vollen Erfolg.

Duerch d'Hëllef, den Asaz an d'gutt Laun vun alle Säite war de 6. Abrëll e besonneschen Dag zu Rammerich.

De Fierkelsmaart huet nees eng sëlleg Leit ugezunn an ass e wichtegt Instrument, fir den Zesammenhalt tëschent de Bierger an dem Duerfliewen ze pfliegen.



Le Fierkelsmaart 2025 a, cette année encore, été un franc succès.

Grâce à l'aide, l'engagement et la bonne humeur de tous, le 6 avril a été une journée exceptionnelle à Rambrouch.

Le Fierkelsmaart a de nouveau attiré de nombreux visiteurs et constitue un outil important pour renforcer la cohésion entre les habitants et la vie du village.

NEIE SKATEPARK ZU BIEKERECH OFFIZIELL AGEWEIT

NOUVEAU SKATEPARK À BECKERICH OFFICIELLEMENT INAUGURÉ



Den 29. Mäerz gouf den neie Skatepark zu Biekerech offiziell ageweit. Nieft ville Leit aus der Gemeng war och de Sportminister Georges Mischo mat derbäi. De Skatepark huet elo säin neit Doheem hannert der Sportshal a säin ufängerfrëndleche Parcours, dee fir all Niveau eppes ze bidden huet, ass zesumme mat der Skatefederatioun geplangt ginn. Och Moduller vum ale Skatepark konnte recuperéiert ginn.

Le 29 mars, le nouveau skatepark de Beckerich a été officiellement inauguré. De nombreux habitants de la commune étaient présents, tout comme le ministre des Sports, Georges Mischo. Le skatepark a désormais trouvé sa nouvelle place derrière la salle de sport, avec un parcours adapté aux débutants et pensé pour tous les niveaux, développé en collaboration avec la Fédération de skate. Certains modules de l'ancien skatepark ont également pu être récupérés.

Avec un budget de plus de 323 000 €, dont 35 % financés par le ministère des Sports, un beau rendez-vous a été créé pour la jeunesse et la scène sportive.

Mat engem Budget vu méi wéi 323.000 €, wouvu 35 % de Sportministère matfinanziert huet, gouf e flotte Rendez-vous fir d'Jugend an d'Sportszene geschaf.





VIGILZONE

Security Systems

 +352 27407007

 www.vigilzone.com



MENUISERIE SUR MESURE

 +352 691 944 849

 info@wooddesign.lu

 Z.A.E SOLUPLA
32 E rue de Niederpallen
L-8506 Rédange-sur-Attert

 +352 691 944 848

 www.wooddesign.lu



WANDPARK KANTON RÉIDEN

DE CHANTIER VUN DE 5 WANDRIEDER GEET ENDLECH LASS!

„Alles kënnt zu senger Zäit“ – kaum e Spréchwuert passt besser op de Projet vum Wandpark Kanton Réiden. No jorelaangem Waarden a sëllege Gedoldsprouwen ass et elo esou wäit: Déi 5 Wandrieder kënnen endlech opgeriicht ginn!

E puer wichteg Informatiounen iwwert dëse Projet:

Wien ass den Initiator vun dësem Projet?

D'SOLER (Société Luxembourgeoise des Energies Renouvelables) an de Syndikat Kanton Réiden sinn d'Promoteure vum Wandpark. D'Ekipp vu SOLER huet vun Ufank un d'Dossiere virbereet, d'Koordinatioun vun den Etüde souwéi d'Demande fir d'Geneemegungen iwwerholl. D'SOLER ass och responsabel fir de Chantier an duerno fir d'Exploitatioun.

Wou kommen d'Wandrieder stoen?

Drei Wandrieder kommen an d'Gemeng Rammerich, eent an d'Gemeng Ell an eent an d'Gemeng Réiden. Déi genau Plaze fannt Dir op der Kaart op der nächster Säit.

Wéi grouss sinn d'Wandrieder?


Déi véier Wandrieder vum Typ Enercon E138 hunn hier Gondel op 160m Héicht an d'Flilleke si jeeweils 69 m laang. Hier Leeschtung ass 4,26 MW.

D'Wandrad bei Foulscht ass vum Typ Enercon E115, mat enger Gondelhéicht vun 149 m, enger Flillekelängt vun 57,5 m an der selwechter Leeschtung vun 4,26 MW.

Wéi ännert sech d'Produktioun vun der erneierbarer Energie mam Wandpark Kanton Réiden?

Dës 5 Wandrieder vun der neister Generatioun hunn eng enorm Produktiounskapazitéit (zesummen ongeféier 50 GWh/Joer) a wäerten e ganz groussen Impakt op d'Energieautonomie vum Kanton Réiden hunn.

No der kompletter Inbetriebnam, viraussichtlech Enn 2026, wäert d'Produktioun vum Strom aus erneierbaren Energien am Kanton, am Verglach zu 2024, verduebelt sinn. Wa mer d'Produktioun vum neie Wandrad vu Biekerech bäirechnen, wäert de Kanton 110% vu sengem gesamte Stromverbrauch (bezunn op 2024) decken. Iwwer d'Joer gekuckt, hätt mir dann zuguer een Iwwerschoss vun 10%.



Wat sinn déi nächst Etappen?



Juli 2025

Ufank vun den Infrastruktur-Aarbechten: Zoufaartsweeër, Montageplattformen, Fundamenter, Stroumnetz



Fréijoer - Hierscht 2026

Montage vun den Tiern an de Filleken



Enn 2026

Inbetriebnam vun de Wandrieder (no der Test- a Reglage-Phase)


Mat wéi engem Nuisancë mussen d'Awunner wärend dem Chantier rechnen?

Stéierungen am Verkéier si bei esou engem Chantier leider net ze vermeiden, besonnesch wéinst dem heefegen Transport u Material a Maschinnen. Well déi 5 Sitten awer wäit ausernee leien, verdeelt sech dës Verkéier. D'SOLER wäert mat den Anrainer an de Baueren a stännegem Kontakt stoe fir d'Stéierung sou wäit wéi méiglech ze begrenzen. Verschidde Momenter wäerte

méi spannend si wéi anerer – d'Liwwerung vun de bal 70 Meter laange Filleke wäert zum Beispill e spektakulären an öffentlechen Event ginn.

Wat geschitt mam Stroum, deen d'Anlage produzéieren?

De Stroum gëtt lokal agespeist a lokal genotzt. Den Iwwerschoss gëtt an dat nationaalt Netz agespeist.



Wandrad

LE CHANTIER DES 5 ÉOLIENNES DÉMARRE ENFIN !

« Tout vient à point à qui sait attendre » : l'expression s'applique parfaitement pour le projet de parc éolien du canton de Redange. Après de nombreuses années de persévérance, tous les astres sont alignés pour que l'installation des 5 nouvelles éoliennes dans le canton de Redange puisse enfin débuter.



Quelques petits rappels sur le futur parc éolien :

Qui est à l'initiative de ce projet ?

SOLER et le Syndicat intercommunal Kanton Réiden sont les porteurs de ce projet éolien. Les équipes de SOLER coordonnent depuis le début la préparation du dossier, la coordination des études et des demandes d'autorisation. SOLER assurera également la phase de chantier et l'exploitation future des éoliennes.

Où se trouveront les éoliennes ?

Trois éoliennes se trouveront dans la commune de Rambrouch, une sera dans la commune de Ell et une autre sera dans la commune de Redange.

Quelles sont les dimensions des éoliennes ?

Quatre éoliennes Enercon E138 ont la nacelle à 160 mètres de hauteur, et les pales ont une longueur de 69 mètres. Leur puissance est de 4,26 MW.

L'éolienne près de Folschette est du type Enercon E115 qui a la nacelle à 149 mètres de hauteur et dont les pales présentent une longueur de 57,5 mètres. Sa puissance est également de 4,26 MW.

Quel est l'impact sur la production d'électricité renouvelable dans le Canton de Redange ?

Ces 5 éoliennes de dernière génération ont une capacité de production d'électricité importante (environ

50 GWh/an) et auront un effet considérable sur l'autonomie énergétique du canton de Redange.

Après leur mise en service complète, probablement fin 2026, la production d'électricité renouvelable du canton de Redange, en comparaison avec 2024, sera doublée. En y ajoutant la production de la nouvelle éolienne de Beckerich, le canton dépassera le seuil de production de 110 % de la consommation totale d'électricité (par rapport à 2024).


Les travaux vont-ils causer des perturbations de circulation et des dérangements aux habitants ?

Des perturbations de circulation et des dérangements sont inévitables lors d'un tel chantier, notamment à cause du trafic supplémentaire lié au transport des matériaux et des engins. Toutefois, les 5 emplacements étant espacés, les déplacements seront répartis. SOLER assurera une communication étroite avec les habitants et agriculteurs pour limiter les désagréments. Si certains moments seront plus gênants, d'autres, comme la livraison des pales de près de 70 mètres, seront spectaculaires et ouverts au public.

Que devient l'électricité produite par les installations ?

L'électricité est injectée et utilisée localement. Le surplus est envoyé dans le réseau national.

Consommation et production électrique [GWh/an] dans le Canton de Redange sans / avec nouvelles éoliennes



Quel est le planning des travaux et pour quand peut-on espérer voir les éoliennes produire de l'électricité dans notre région ?



Juillet 2025

Début des travaux d'infrastructure (chemins d'accès, plateformes de montage, fondations, réseau électrique)



Printemps-Automne 2026

Montage des tours et des pales des éoliennes



Fin 2026

Mise en production des éoliennes (phases tests et réglages)



SOLER
155, rue Cents
L-1319 Luxembourg

(+352) 26 31 611
info@soler.lu

REIDENER SCHWÄMM

ERWEIDERUNGSPROJET: E KLENGEN UPDATE

PROJET D'EXTENSION : UN PETIT ÉTAT DES LIEUX



Reidener Schwämm
28, rue de la Piscine
L-8508 Redange / Attert

(+352) 23 62 00 32-1
info@reidener-schwemm.lu
reidener-schwemm.lu

Den 22. Abrëll huet de Comité vum Syndikat Reidener Schwämm de finale Projet fir d'Erweiterung vun der Schwämm validéiert, mat engem Gesamtinvestissement vun 29,5 Milliounen Euro (TTC). Nom Ofschloss vun der Planungsphas geet de Projet elo an d'Virbereedung vun der Bauphas: Finaliséierung vun den Avisen vun de betraffene Ministerien, Ofschloss vun den néidegen Autorisatiounen, Ausaarbechtung vun de

Soumissiouns-Bordereauen an duerno Lancement vun den europäesche Soumissiounen Enn 2025. Den Ufank vun de Bauarbeiten ass fir Ufank 2026 virgesinn, mat enger Dauer vun dräi Joer. D'Zil ass et, der Regioun modern a funktionell Infrastrukturen ze bidden, déi den Ufuerderunge vun de Benotzer gerecht ginn. Mir halen lech iwwert d'Weiderentwécklung vum Projet um Lafenden.

Le 22 avril, le comité du syndicat Reidener Schwämm a validé le projet final d'extension de la piscine, pour un investissement de 29,5 millions d'euros (TTC). Après la phase de conception, le projet

entre en préparation de chantier : finalisation des avis ministériels, des autorisations, des bordereaux de soumission, puis lancement des appels d'offres européens fin 2025. Le début de la construction est

prévu pour début 2026, pour une durée de trois ans. L'objectif est de doter la région d'infrastructures modernes et adaptées aux besoins des usagers. Nous vous tiendrons informés de l'avancement du projet.



KANTON RÉIDEN ECONOMIE

AKTUELLE STAND VUM EXTENSIONSPROJET VUN DER ZAER SOLUPLA

POINT SUR L'AVANCEMENT DU PROJET D'EXTENSION DE LA ZAER SOLUPLA

De 27. Mäerz huet de Comité vum Syndikat Kanton Réiden den detailléierten Avant-Projet fir déi 3. Erweiterung vun der ZAER Solupla zu Réiden gestëmmt. Dës Extension deckt eng Fläch vu 7,5 ha, dovun 4,86 ha un neie Bauflächen. De Projet gesäit ekologesch Moosname vir, dorënner d'Renaturéierung vum Kurescht-Baach, déi zanter 40 Joer kanaliséiert ass.

Gläichzäiteg gëtt no de Prinzipie vum der Kreeslafwirtschaft geschafft: Daachfläche gi mat Photovoltaik beluecht, d'Gebäier ginn esou konzipéiert, datt se demontéierbar sinn, an et soll méi an d'Héicht gebaut ginn. Zousätzlech soll en Alignement vun de Gebäier dozou bäidroe méi dicht ze bauen. Eng

Mobilitéitsstudie soll den individuellen Autosverkéier reduzéieren an d'Parkplazen an engem Etageparking zesummeleeën.

Den CR 106 gëtt mat enger drëtter Spuer fir schwéier Gefierer ausgebaut. Ronn 40.000 m³ Buedem mussen fir flaach Bauplazen ofgedroe respektiv opgeschott ginn. D'Aarbechte sollen am Fréijoer 2026 ufänken, déi éischt Terrain kéinten Ufank 2028 disponibel sinn.

De Käschtepunkt läit bei ronn 8 Milliounen Euro. D'Terraine ginn iwwer 30 Joer laang duerch en „Droit de superficie“ zur Verfügung gestallt. En Opruff fir Interesséierter ass a Virbereedung.

Le 27 mars, le comité du Syndicat a voté l'avant-projet détaillé pour la 3^e extension de la ZAER Solupla à Redange. Cette extension couvre 7,5 ha, dont 4,86 ha de surfaces constructibles. Le projet prévoit des mesures écologiques, notamment la renaturation du ruisseau Kurescht, canalisé depuis 40 ans. Il suit aussi des principes d'économie circulaire :

toitures équipées de panneaux photovoltaïques, bâtiments démontables, densification en hauteur et alignement des constructions. Une étude de mobilité vise à limiter le trafic individuel et mutualiser les parkings dans un bâtiment à étages. Le CR 106 sera élargi par une 3^e voie pour sécuriser l'accès des poids lourds. Environ 40 000 m³ de terres seront

déplacés pour créer des terrains plats. Les travaux commenceront au printemps 2026, et les premières parcelles seront disponibles début 2028. Le coût est estimé à 8 millions d'euros. Les terrains seront proposés sous forme de « droits de superficie » pour 30 ans. Un appel à manifestations d'intérêt suivra.



**KANTON
RÉIDEN**

ECONOMIE

Kanton Réiden Service Economie
11, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 330-010
nico.kraus@kanton-reiden.lu

GROUSSE WIESEL AM SERVICE RECETTE VUM KANTON RÉIDEN

CHANGEMENT IMPORTANT AU SERVICE RECETTE DU KANTON RÉIDEN

No engem gudde Joerzénge als Receveur am Déngscht vun eisen 3 Syndikater (Kanton Réiden, Musikschoul, Réidener Schwämm) geet de Jos Meyers a seng wuelverdénge Pensioun. Mir soen dem Jos villmools Merci fir seng vill Aarbecht, déi hee fir eis Syndikater geleescht huet a wënschen him vill Freed an der Pensioun. Seng Nofolleg iwwehelt de Joël Muller.

Joël, kanns Du Dech kuerz virstellen?

Ech sinn 43 Joer al a wunnen zu Proz, wou ech och fréier Fussball gespilt hunn.

Wat ware bis elo Deng beruflech Statiounen?

Ech kommen aus dem Privatsecteur. Meng éischt grouss beruflech Erfahrung hunn ech 2005 am Service Comptabilitéit bei enger Logistikfirma zu Beetebuerg gemaach. No siwe Joer sinn ech op Miersch bei ee Stroum- a Gasfournisseur gewiesselt a war och do am administrative Beräich tätig.



Firwat hues du Dech fir d'Nofolleg vum Jos entscheet?

Am Energiesecteur si momentan vill Verännerungen, an och mäi fréieren Employeur gouf vun engem grouse Grupp iwweholl. Du war et fir mech de richtege Moment, fir eng nei Erausforderung unzegoen.

Wat mëss Du gären an Denger Fräizäit?

Ech si gär dobaussen an der Natur a profitéiere fir op de Stau fëschchen ze goen. Da schaffen ech gär am Holz a fänken ëmmer rëm mol Do-it-yourself-Projeten un. Ech verbréngen och gären Zäit mat der Famill an de Kollegegen.

Mir si frou, dass de Joël de Wee bei eis fonnt huet a wënschen him vill Satisfaktioun a Freed bei senger neier Aarbecht. Wëllkomm Joël!

Après plus de dix ans comme receveur au service de nos trois syndicats (Kanton Réiden, école de musique, Réidener Schwämm), Jos Meyers part pour une retraite bien méritée. Nous remercions chaleureusement Jos pour tout le travail qu'il a accompli pour nos syndicats et lui souhaitons beaucoup de bonheur pour sa retraite. Sa succession est assurée par Joël Muller.

Joël, peux-tu te présenter brièvement ?

J'ai 43 ans et j'habite à Pratz, où j'ai également joué au football auparavant.

Quelles ont été tes étapes professionnelles jusqu'à présent ?

Je viens du secteur privé. Ma première grande expérience

professionnelle, je l'ai acquise en 2005 au service comptabilité d'une entreprise de logistique à Bettembourg. Après sept ans, j'ai rejoint une société de fourniture d'électricité et de gaz à Mersch, où j'ai également travaillé dans le domaine administratif.

Pourquoi as-tu décidé de succéder à Jos ?

Le secteur de l'énergie connaît actuellement de nombreux changements et mon ancien employeur a aussi été repris par un grand groupe. C'était pour moi le bon moment pour relever un nouveau défi.

Qu'aimes-tu faire pendant ton temps libre ?

J'aime passer du temps dehors dans la nature et j'en profite pour aller pê-

cher au lac de la Haute-Sûre. J'aime aussi travailler le bois et commencer régulièrement de nouveaux projets de bricolage. J'aime également passer du temps avec ma famille et mes amis.

Nous sommes heureux que Joël ait rejoint notre équipe et nous lui souhaitons beaucoup de satisfaction et de plaisir dans ses nouvelles fonctions. Bienvenue Joël !



**KANTON
RÉIDEN**

ADMINISTRATION

DEN OFFICE SOCIAL VUM KANTON RÉIDEN (OSCARE) STELLT SECH VIR



D'Ekipp vum OSCARE
L'équipe de l'OSCARE

Den OSCARE ass 1 vun den 30 Offices sociaux, déi zënter 2011 nei opgestallt sinn. D'Gesetz vun der Aide sociale gëtt all Persoun e Recht op Sozialhëllef, gebonnen u Pflichten an och eng Recoursméiglechkeet*. D'Ekipp vum OSCARE ass iwver déi leschte Jore vill gewuess, genau wéi seng Missiounen.

Wat sinn d'Haaptmissiounen vum OSCARE?

Mir informéieren, beroden a betreiën hëllefbedürfteg Persounen, orientéiere se, wann néideg, un déi richteg Servicer a bidde subsidiär finanziell a materiell Hëllef souwéi sozial Begleedmoossnamen un.

Eis Hëllef ass op déi spezifesch Situatioun vun all Persoun ugepasst a baséiert op enger genauer Evaluatioun. Dës Hëllef ka kuerz- bis laangfristeg sinn. Mir schaffe just op Demande, mir huelen d'Persoun do of wou si steet. Mir hu keng Kontrollfunktioon, mee ënnerstëtzen.

Wat ass Äert Zil?

Eis Beneficiaire sollen e mënschewierdegt Liewe kënnen féieren an nees autonom ginn.

Wéi vill Stéit hëllef den OSCARE?

2024 hu mir 586 Stéit am Kanton begleet. D'Dossiere si ganz ënnerschiddlech, jee no Gréisst vum Stot a Problematik.

Wéi vill Leit schaffe bei Iech?

Eis Ekipp huet sech zënter 2011 bal verdräifacht an zielt elo 11 Persounen, verdeelt op d'Administratioun, de Service de l'aide sociale an d'Agence régionale d'inclusion sociale (ARIS).

Wat bitt Dir am Service de l'aide sociale un?

Eis 6 Assistants sociaux vum Service de l'aide sociale bidden eng psycho-sozial, administrativ a budgetär Begleedung un. Dobäi schaffe mir intensiv mat anere spezialiséierte Servicer zesummen. Des Weideren

* Et besti Recoursméiglechkeet um Conseil Arbitral an um Conseil supérieur des assurances sociales.

accordéiere mir finanziell oder materiell Hëllef. Finanziell Hëllef mussen oft zréckbezuelt ginn.

Wat bitt d'Agence régionale d'action sociale (ARIS) un ?

Eis 2 Assistants sociaux vum ARIS betreie Leit, déi e Recht op de Revenu d'inclusion sociale (REVIS) hunn. Dës Persone sinn nach net prett fir den 1. Aarbechtsmarché a mir organiséieren Aktivatiouns- oder Stabilisatiounsmoosname fir si.

Wat sinn déi heefegst Problemer?

Meeschtens sinn et multifaktoriell Problematiken. Dacks si Wunnengsproblematik, finanziell an administrativ Schwieregkeete matenee verbonnen.

Hutt Dir en Ënnerscheid an de Besoine gemierkt?

Jo, d'Wunnengsnout gëtt ëmmer méi schlëmm an d'Aarbechtskontrakter méi onsécher. D'Unzuel u Persone mat Ofhängegkeetsproblematiken a mentale Gesondheetsproblemer hëlt och zou.

Leider féieren déi héich Liewenskäschten (Loyer, lesswueren, Energiekäschten) dozou, dass et ëmmer méi „Working Poor“ ginn, also Persounen, déi schaffen awer trotzdeem d'Enner net zesumme kréien. Allgemeng hu mir festgestallt, dass d'Situatioune vun deene Persounen, déi mir begleeden ëmmer méi komplex ginn.

Ween ass am meeschte betraff?

Elengerzéiend Persounen, Persone mat niddregem Akommes oder REVIS, grousse Familljen, politesch Flüchtlingen, Persone mat enger Suchtproblematik oder psychesche Problemer a Persounen ouni Wunnsätz. Fir vill vun hinnen ass et bal onméiglech eng Wunneng ze fannen.

Wéi eng finanziell Hëllef kënnen ugefrot ginn?

Déi finanziell Hëllef sinn net festgeluecht. Eng Persoun kann all finanziell Ënnerstëtzung ufroen, mee eise Verwaltungsrot decidéiert, wéi eng Demande akzeptéiert gëtt oder net. Déi heefegst finanziell Hëllef sinn: lesswueren (Accès an d'Epicerie sociale), Loyer, Kautiounen, Energie-, Dokter- a Medikamenterechnungen.

Wéi gesidd Dir d'Zukunft vum OSCARE?

Eis Missioun wuesse weider: Tiers payant social, Adresses de référence, Begleedung vun de Beneficiaires de protection internationale, asw. Trotz der « Simplification administrative », bleibt d'Ausfëlle vun Demande fir vill Leit eng Erausforderung. Och d'Digitalisatioun ass fir verschidde Persounen eng Barrière. Esou ass eng administrativ Hëllef a Begleedung vum Office Social immens wichteg.

Wat sinn aktuell Är gréissten Erausforderungen?


Mir si richtig verzweifelt, wat d'Wunnengsnout ugeet. Mir kënnen de Leit net direkt hëllef respektiv hinnen eng Wunneng zur Verfügung stellen. Et ginn net genuch Wunnengen um Immobiliemarché, besonnesch keng mat abordablem Loyer. An oft si se an engem desolaten Zoustand.

Eist Gebai ass ze kleng an net méi ugepasst: et feelt u Plaz fir e korrekten Empfang ze maachen a well mir net genuch Büroen hunn, ass Teletravail noutwendeg ginn.

D'Digitalisatioun vun den Dossiere bedeit e grousse administrativen Opwand – Zäit, déi bei der sozialer Begleedung feelt. Och duerf Tëschemenschlechkeet net vergiess ginn, do brauche mir och Zäit dofir. Mir wëllen eisen Office social méi visibel maachen an d'Sozialaarbecht besser verständlech an zougänglech gestalten. Eng besser Vernetzung mat anere soziale Servicer ass eis och wichteg.



Dat aktuell Gebai vum OSCARE an der Groussgaass zu Réiden
Le bâtiment actuel de l'OSCARE dans la Grand-rue de Redange



„Leider féieren déi héich Liewenskäschten dozou, dass et ëmmer méi „Working Poor“ ginn, also Persounen, déi schaffen awer trotzdeem d'Enner net zesumme kréien.“


Wéi kënnen eis Gemengen lech ënnerstëtzen?

D’Gemenge kënnen eis mat abordabele Wunnengen ënnerstëtzen. Mir wëssen awer, dass dat immens komplex ass.

Eis e Gebai zur Verfügung stelle wat eise Bedürfnisser entsprécht, mat den néidege Büroen, de gängige Sécherheetsmoosnamen an zougängelech fir Persoune mat enger physescher Beanträchtegung. Mir sinn immens frou, dass d’Gemenge vum Kanton Réiden an dësem Uleies momentan ganz aktiv sinn.

A wéi kënnen d’Bierger hëllefen?

Zum Beispill mat Hausaufgabenhëllef, als Ecrivain public, aktiv sinn an der Integratioun vu Persoune mat Migratiounshannergrond, duerch Done vu Familljefester, vun Aktivitéite vu Veräiner, an Doudesfäll, asw... oder andeems Dir hëllefbedürfteg Persoune bei eis weiderleet.



L’OFFICE SOCIAL DU CANTON DE REDANGE (OSCARE) SE PRÉSENTE

L’OSCARE est l’un des 30 offices sociaux restructurés depuis 2011. La loi sur l’aide sociale garantit à toute personne un droit à l’assistance sociale, assorti d’obligations et d’un droit de recours*. L’équipe d’OSCARE a beaucoup grandi au fil des années, tout comme ses missions.

Quelles sont les principales missions d’OSCARE ?

Nous informons, conseillons et accompagnons les personnes en situation de détresse, les orientons si nécessaire vers les services compétents et proposons des aides financières ou matérielles subsidiaires ainsi que des mesures d’accompagnement social.

Notre soutien est adapté à la situation spécifique de chaque personne

et repose sur une évaluation approfondie. Il peut être de courte ou de longue durée. Nous intervenons uniquement sur demande et partons de la situation de la personne concernée. Notre rôle n’est pas de contrôler, mais de soutenir.

Quel est votre objectif ?

Permettre à nos bénéficiaires de mener une vie conforme à la dignité humaine et de retrouver leur autonomie.

Combien de ménages OSCARE accompagne-t-il ?

En 2024, nous avons accompagné 586 ménages dans le canton. Les situations sont très variées selon la taille du ménage et les problématiques rencontrées.

Combien de personnes travaillent chez vous ?

Notre équipe a presque triplé depuis 2011 et compte aujourd’hui 11 personnes réparties entre

*Il existe une possibilité de recours devant le Conseil arbitral et le Conseil supérieur des assurances sociales.

l'administration, le service d'aide sociale et l'agence régionale d'inclusion sociale (ARIS).

Que proposez-vous au sein du service d'aide sociale ?

Nos six assistants sociaux offrent un accompagnement psycho-social, administratif et budgétaire. Nous travaillons en étroite collaboration avec d'autres services spécialisés. De plus, nous accordons des aides financières ou matérielles, sachant que les aides financières doivent souvent être remboursées.

Que propose l'Agence régionale d'inclusion sociale (ARIS) ?

Nos deux assistants sociaux de l'ARIS accompagnent les personnes ayant droit au revenu d'inclusion sociale (REVIS). Ces bénéficiaires ne sont pas encore prêts pour intégrer le marché du travail classique ; nous organisons pour eux des mesures d'activation ou de stabilisation.

Quels sont les problèmes les plus fréquents ?

Les problématiques sont majoritaire-

ment multifactorielles. Les difficultés de logement, financières et administratives sont souvent liées.

Avez-vous constaté une évolution des besoins ?

Oui. La crise du logement s'aggrave et les contrats de travail sont de plus en plus précaires. Nous constatons également une augmentation des personnes souffrant de dépendances ou de troubles psychiques.

Malheureusement, le coût de la vie élevé (logement, alimentation, énergie) entraîne une augmentation du nombre de « Working poor » – des personnes ayant un emploi mais n'arrivant pas à joindre les deux bouts. De manière générale, les situations que nous accompagnons deviennent de plus en plus complexes.

Qui sont les plus touchés ?

Les parents monoparentaux, les bénéficiaires du REVIS, les familles nombreuses, les réfugiés politiques, les personnes souffrant d'addictions ou de troubles psychiques, ainsi que les personnes sans domicile. Pour

beaucoup d'entre elles, trouver un logement est quasiment impossible.

Quelles aides financières peuvent être demandées ?

Les aides financières ne sont pas prédéfinies. Toute personne peut déposer une demande, mais notre conseil d'administration décide de leur attribution. Les principales aides concernent : l'alimentation (accès à l'épicerie sociale), le loyer, les cautions, les factures d'énergie, de médecins ou de médicaments.

Comment voyez-vous l'avenir de l'OSCARÉ ?

Nos missions continuent de s'élargir : tiers payant social, adresse de référence, accompagnement des bénéficiaires de protection internationale, etc.

Malgré la « simplification administrative », remplir les formulaires reste un défi pour beaucoup. La digitalisation représente également un obstacle pour certaines personnes. C'est pourquoi l'assistance et l'accompagnement administratif proposés par l'Office Social restent indispensables.



De Conseil d'Administration vum OSCARE.

Le conseil d'administration de l'OSCARÉ.

Quels sont actuellement vos plus grands défis ?

Nous sommes réellement désespérés face à la pénurie de logements. Nous ne pouvons pas proposer immédiatement un logement aux personnes dans le besoin, faute d'offre sur le marché immobilier, surtout à loyers abordables, et les logements disponibles sont souvent dans un état déplorable.

Nos locaux sont trop petits et inadaptés : manque d'espace pour accueillir dignement les usagers, manque de bureaux, ce qui nous a contraints à instaurer le télétravail.

La numérisation des dossiers génère une charge administrative importante – du temps en moins pour l'accompagnement social. Il est essentiel de préserver le lien humain, qui demande aussi du temps.

Nous souhaitons rendre notre office social plus visible et rendre l'action sociale plus compréhensible et accessible. Un meilleur travail en réseau

avec d'autres services sociaux nous tient également à cœur.

Comment les communes peuvent-elles vous soutenir ?


En mettant à disposition des logements abordables, bien que nous soyons conscients que cela est très complexe.

En nous fournissant un bâtiment adapté à nos besoins, avec suffisamment de bureaux, respectant les normes de sécurité et accessible aux personnes à mobilité réduite. Nous sommes très heureux de voir que les communes du canton de Redange sont très actives dans ce dossier.

Et comment les citoyens peuvent-ils vous soutenir ?

Par exemple en offrant une aide aux devoirs, en agissant comme écrivain public, en s'impliquant dans l'intégration des personnes immigrées, en soutenant l'Office social par des dons (fêtes familiales, activités d'associations, décès,...) ou en guidant les personnes dans le besoin vers notre office social.

La répartition des aides attribuées par l'OSCARE



Aides administratives
Aides financières



Office Social Canton de Redange

OSCARE
84, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert


(+352) 26 62 10 55-1
secretariat@oscare.lu
oscare.lu

Flärespännerchen
VÊTEMENTS POUR HOMMES
ET DAMES
L-8510 REDANGE 41
GRAND-RUE
TÉL: 26 62 14 32

RÉCKBLÉCK OP DE WANTER AM KANTON RÉIDEN RÉTROSPECTIVE SUR L'HIVER DANS LE CANTON DE REDANGE

Schéckt eis wgl bis den 10. August Är schéinste Foto vum Summer am Kanton Réiden: magazine@kanton-reiden.lu.
Mir freeën eis op Är Fotoen!

*Envoyez-nous votre plus belle photo de l'été dans le canton de Redange avant le 10 août à magazine@kanton-reiden.lu.
On a hâte de découvrir vos photos !*



Leguêbe Philippe, Perlé



Leguêbe Philippe, Perlé



Caroline Schmit, Beckerich



Braam van Wyk, Beckerich



Braam van Wyk, Beckerich



Mike Scholtes, Redange

KANTON RÉIDEN SPORTS

SPORT, SPASS, SCHNÉI A SONN – ENG ONVERGIESS- LECH WOCH ZU OBERTAUERN

**SPORT, PLAISIR, NEIGE ET SOLEIL –
UNE SEMAINE INOUBLIABLE À OBERTAUERN**



De Service Sports vum Kanton Réiden war an der Fuesvakanz fir déi 9. Kéier mat 30 Kanner a Jugendlecher aus der Regioun an d'Wintersportkolonie.

Wéi schonn déi virescht Joren hu mir zu Obertauern am Jugendhotel Felseralm iwwernuecht. Nieft dem Schi- a Snowboardcours mat de lokale Schischoulen stoungen och flott Aktivitéiten um Programm: Rodelen, Fackelwanderung mat Tellerrutschen, Kickerturnéier a Sportspiller an der hoteleegener Sportshal.

D'Wieder war perfekt - d'Sonn an de Schnéi waren um Rendez-vous!

Pendant les vacances de carnaval, le service Kanton Réiden – Sports a organisé pour la 9e fois une colonie de sports d'hiver, avec 30 enfants et jeunes de la région.

Comme les années précédentes, nous avons logé à Obertauern dans l'auberge de jeunesse Felseralm. En plus des cours de ski et de snowboard proposés par les écoles de ski locales, d'autres activités étaient au programme : luge, randonnée aux flambeaux avec glissades sur assiettes, tournoi de baby-foot et jeux sportifs dans la salle de sport de l'hôtel.

La météo était idéale – le soleil et la neige étaient au rendez-vous !

PROGRAMM VUN EISE SUMMERAKTIVITÉITEN & VUM NEIE SCHOULJOER 2025 / 26

PROGRAMME DE NOS ACTIVITÉS D'ÉTÉ & DE LA NOUVELLE ANNÉE SCOLAIRE 2025/26



© Kanton Réiden

De Programm vun eise Summeraktivitéiten ass Ufank Juni publizéiert ginn, Dir fannt en op eisem Internetsite. De Programm vum Schouljoer 2025/26 fannt Dir ab dem 1. Juli och op eisem Site www.sportkreesatert.lu an d'Aschreiwunge ginn den 1. Juli op.wunge ginn den 1. Juli op.

Le programme de nos activités d'été a été publié début juin – vous le trouverez sur notre site internet. Le programme pour l'année scolaire 2025/26 sera également en ligne à partir du 1^{er} juillet sur www.sportkreesatert.lu, date à laquelle les inscriptions seront ouvertes.

Entdecke auch unser abwechslungsreiches
Freizeitsportangebot während der Schulferien!



@YOUTHSPORTKREES

Instagram:
@youthsportkrees



Anmeldung Sport-Angebote
für Jugendliche im ALR

YOUTH Card:
nur 15,00 € pro Jahr



Kanton Réiden
Service Sports
33, Grand Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 26 621 705
sports@kanton-reiden.lu
sportkreesatert.lu

ATERT LYCÉE RÉIDEN

HIGHLIGHTS VUN DE LESCHTE MÉINT

ÉVÈNEMENTS MARQUANTS DES DERNIERS MOIS



YOUSTICE – Visitt zu Dikrech am Geriicht

D'7C2 aus dem ALR huet am Mäerz um Atelier YOUSTICE vum Zentrum fir politesch Bildung deelgeholl. D'SchülerInnen vun der 7C2 kruten um Geriicht zu Dikrech de Fonctionnement vun der Justiz méi nobruecht a konnte sech mat engem Affekot an enger Riichterin austauschen.

YOUSTICE – Visite au tribunal de Diekirch

La classe de 7C2 de l'ALR a participé en mars à l'atelier YOUSTICE organisé par le Zentrum fir politesch Bildung. Les élèves ont découvert le fonctionnement de la justice au tribunal de Diekirch et ont pu échanger avec un avocat et une juge.

Portes ouvertes am ALR

De 26. Abrëll huet den ALR seng Porte ouverte organiséiert, an iwwert 500 SchülerInnen an Eltere ware komm fir sech de Lycée unzekucken. D' Enseignant an d' SchülerInnen aus dem ALR hunn de Visiteuren de Lycée virgestallt an am Hal war all Fach mat engem Stand präsent. D'Internat konnt natierlech och besicht ginn.

Portes ouvertes à l'ALR

Le 26 avril, l'ALR a organisé sa journée portes ouvertes. Plus de 500 élèves et parents sont venus découvrir le lycée. Les enseignant-e-s et les élèves ont présenté leur école aux visiteurs. Dans le hall, chaque matière disposait d'un stand. L'internat pouvait bien sûr aussi être visité.



Speak up for your future – Austausch mat den EU-Députéierten

Den 31. Januar 2025 huet den ALR Talents-Grupp „Speak up for your future“, e Gespréich mat den EU-Deputéierten Tilly Metz a Charles Goerens gefouert. Déi Jonk, déi sech fir politesch Bildung interesséieren, konnte mat de Politiker iwwer Theme wéi Migratioun, Gesondheet, Populismus an den Digital Services Act diskutéieren.

Speak up for your future – Rencontre avec des députés européens

Le 31 janvier 2025, le groupe « ALR Talents » a organisé une rencontre entre des élèves engagés dans « Speak up for your future » et les député-e-s européen-ne-s Tilly Metz et Charles Goerens. Les jeunes intéressés par la vie politique ont pu discuter avec eux de sujets comme la migration, la santé, le populisme et le Digital Services Act.

Journée de l'orientation

De 14. Mäerz huet d'Ekipp vum Bureau de l'orientation déi alljährlech Journée de l'Orientation fir 3e-1e Klassen organiséiert. D'SchülerInnen konnten au Choix Experten aus verschidde Beruffer kenneléieren a sou en Abléck an d'Beruffswelt kréien. Iwwert 40 Experten, aus ganz ënnerschiddleche Beräicher waren deen Dag am ALR präsent.

Journée de l'orientation

Le 14 mars, l'équipe du Bureau de l'orientation a organisé la traditionnelle « Journée de l'orientation » pour les élèves des classes de 3e à 1e. Les élèves ont pu, au choix, rencontrer des professionnel-le-s de différents secteurs et ainsi découvrir divers métiers. Plus de 40 expert-e-s de domaines très variés étaient présents à l'ALR ce jour-là.



De Cooper erweidert d'Internatsekipp

Zanter e puer Méint ass de pedagogesche Begleethond, de Cooper, feste Bestanddeel vun der Ekipp vum Internat.

Cooper renforce l'équipe de l'internat

Depuis quelques mois, le chien d'accompagnement pédagogique, Cooper, fait partie intégrante de l'équipe de l'internat.

Visitt vun der Chamber

D'SchülerInnen aus der 2CLDG konnten am Mäerz un engem Workshop an der Chambre des Députés deelhuefen. Doriwwer eraus hu si interessant Gespréicher mat den Deputéierte gehat.

Visite de la Chambre des députés

En mars, les élèves de la 2CLDG ont participé à un atelier à la Chambre des députés et ont eu des échanges intéressants avec les députés.



Erasmus+ Programm a Portugal

Vum 18. op den 23. Mäerz sinn am Kader vum Erasmus+ Programm eng Rei SchülerInnen aus dem ALR fir een Austausch mat der Scola Secundária de Amarante a Portugal gereest. Während dëser Woch hunn eis Schüler bei de Famillje vun de SchülerInnen aus dem portugisesche Partner-Lycée gewunnt. Dësen Erasmus+-Projet leeft tëschent dem ALR, der Schoul aus Portugal an enger Schoul aus Italien. Mëtt Mee kommen d'SchülerInnen aus den zwou Partner-Schoule bei eis.

Programme Erasmus+ au Portugal

Du 18 au 23 mars, dans le cadre du programme Erasmus+, plusieurs élèves de l'ALR sont partis à Amarante, au Portugal, pour un échange avec la Scola Secundária de Amarante. Durant la semaine, ils ont été hébergés dans les familles des élèves portugais. Ce projet Erasmus+ réunit l'ALR, une école portugaise et une école italienne. Mi-mai, les élèves des deux écoles partenaires viendront nous rendre visite.



Konscht- an Architekturgeschichtsrees op Paräis

Am Kader vum Konschtgeschichtscours sinn d'SchülerInnen vun der 1CE, 1CG, 2CE an der 2CG fir een Dag op Paräis gefuer. Do konnten si mat hire Konscht-Enseignante d' Architektur, déi si am Cours behandelt hunn, in Natura bewonneren.

Voyage d'histoire de l'art et de l'architecture à Paris

Dans le cadre du cours d'histoire de l'art, les élèves des classes 1CE, 1CG, 2CE et 2CG sont partis une journée à Paris. Ils ont pu, avec leurs enseignants, admirer sur place l'architecture étudiée en cours.



Visitt am Europaparlament zu Stroossbuerg

De 14. Mäerz ass d'ALR Talents-Ekipp „ALR for future“ op Stroossbuerg an d'Europaparlament gefuer. Am Kader vun „Euroscola“ konnten d'SchülerInnen mam Vize-Präsident, Martin Hojsík, diskutieren a kruten eng Féierung duerch d'Parlament.

Visite au Parlement européen à Strasbourg

Le 14 mars, l'équipe « ALR Talents - ALR for future » s'est rendue à Strasbourg au Parlement européen. Dans le cadre du programme « Euroscola », les élèves ont pu discuter avec le vice-président Martin Hojsik et bénéficier d'une visite guidée du Parlement.



Table Ronde mam Educationnsminister Claude Meisch: Maachen Internet a Co wierklech krank?

Den 12. Mäerz war den Educationnsminister Claude Meisch am ALR fir eng Table ronde, wou nieft dem Dr. Goebel (Hôpital Robert Schuman) an der Mme Cindrak (ALIA) och e puer vun eise Schüler aktiv deelgeholl hunn. D'Thema vun der Table ronde war „Maachen Internet & Co wierklech krank?“.

Table ronde avec le ministre de l'Éducation, Claude Meisch : Internet et Cie rendent-ils vraiment malades ?

Le 12 mars, le ministre de l'Éducation, Claude Meisch, était à l'ALR pour une table ronde, à laquelle ont également participé le Dr Goebel (Hôpital Robert Schuman), Mme Cindrak (ALIA) et quelques élèves de notre lycée. Le thème de la discussion était : « Internet & Cie rendent-ils vraiment malades ? »



Atert-Lycée Redange
1, rue du Lycée
L-8508 Redange / Attert

(+352) 26 62 32 200
secretariat@alr.lu
alr.lu

RÉIDENER JUGENDTREFF

ZWEE NEI PROJETE VUM RÉIDENER JUGENDTREFF

NEI COLLABORATIOUN MAT DE MAISONS RELAIS AUS EISEM KANTON

De Réidener Jugendtreff huet eng nei Zesummenaarbecht mat de Maisons Relais aus eisem Kanton ugefaangen. D'Zil dovun ass, d'Verbindungen tëscht den educative Strukturen am Kanton ze verdéiwen.

All Mount gi véier Nomëtteger exklusiv fir dës Zesummenaarbecht reservéiert: all Kéier ginn zwou Maisons Relais zesumme bei eis invitéiert, fir eng flott gemeinsam Zäit am Jugendtreff ze verbréngen. Dës Visite bidden net nëmmen d'Geleeënheet, eist Haus besser kennenzeléieren, mee förderen och den Austausch tëscht de verschiddene Maisons Relais am Kanton, an zwar op eng locker Manéier.

En Nomëtteg voller Entdeckungen an Austausch

Bei dësen Aktivitéiten hunn d'Kanner d'Méiglechkeet, déi verschidde Raimlechkeete vum Jugendtreff z'entdecken, aleng oder zesummen, an u kreative Workshops a Spiller deelzehuelen.

D'Haaptzil vun dëser Zesummenaarbecht ass, d'Kanner esou gutt wéi méiglech op den lwwergang tëscht Grondschoul a Lycée virzebereeden. Andeems déi Jonk an engem frëndlechen a gemittleche Kader mam Jugendtreff a Kontakt kommen, erliichtert dëst hinnen dësen lwwergang.

OUTREACH YOUTH WORK ZU LËTZEBUERG

De Programm Outreach Youth Work ënnerstëtzt Jonker tëscht 16 a 26 Joer, déi d'Schoul oder hir beruflech Aktivitéit ofgebrach hunn, a besonnesch déi aus benodeelegte Familljen.

D'Approche besteet doran, aktiv op déi Jonk zouzegoen, eng Vertrauensbasis opzebauen a si lues a lues an d'Beruffswelt z'integréieren. Dëse Programm baséiert op engem Netzwierk (ADEM, SNJ, Lycéeën) a schafft enk mat lokale Strukturen zesummen. E bitt Hëllef, wou aner Systemer net méi gräifen, a setzt sech fir méi Vertrauen, Selbststännegkeet an Integratioun vun de Jonken an. De Kontakt bleift ëmmer bestoen, wann déi jonk Persoun dat wëllt.

Kuerz gesot: Outreach Youth Work ass en Instrument, fir Jonker aus der Exklusivitéit ze huelen an hinne Perspektiven z'erméiglechen – baséiert op d'Nolauschteren, d'Präsenz an eng empathesch Begleitung.

Fir méi Info: maite@mjredange.lu oder (+352) 23 62 06 57



Jugendtreff a.s.b.l.
13, Grand-rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 23 62 06 57
martine@mjredange.lu



NOUVELLES DE LA MAISON DES JEUNES DE REDANGE

DEUX NOUVEAUX PROJETS DE LA MAISON DES JEUNES DE REDANGE

NOUVELLE COLLABORATION AVEC LES MAISONS RELAIS DU CANTON

Dans une volonté de renforcer les liens entre les différentes structures éducatives du canton, le Réidener Jugendtreff a instauré une collaboration régulière avec les maisons relais locales.

Chaque mois, quatre après-midis sont spécialement consacrés à ces rencontres : à chaque fois, deux maisons relais sont invitées ensemble pour partager un moment au Jugendtreff. Ces visites favorisent non seulement la découverte de la maison

des jeunes, mais aussi l'échange entre les différentes maisons relais du canton, dans une atmosphère conviviale et enrichissante.

Un après-midi d'échanges et de découvertes. Lors de ces après-midis, les enfants ont l'occasion de découvrir les différents espaces du Jugendtreff, de participer à des ateliers créatifs et ludiques, tout en ayant du temps libre pour explorer les lieux. L'objectif principal de cette collaboration est de préparer au mieux les enfants à la transition entre l'école primaire et le lycée. En familiarisant les jeunes avec la maison des jeunes dans un cadre

informel et chaleureux, cette initiative permet de rendre le passage de l'école primaire au secondaire plus serein.

OUTREACH YOUTH WORK AU LUXEMBOURG

Le programme Outreach Youth Work soutient les jeunes de 16 à 26 ans en rupture scolaire ou professionnelle, notamment ceux issus de milieux défavorisés. L'approche consiste à aller à leur rencontre, établir une relation de confiance, et les accompagner progressivement dans leur insertion professionnelle. Ce programme se base

sur un travail en réseau (ADEM, SNJ, lycées) avec des structures locales et vise à offrir une aide là où d'autres dispositifs ne suffisent plus, avec pour objectif de renforcer la confiance, l'autonomie et l'intégration des jeunes. Le contact sera toujours présent si le jeune le veut. En somme, l'Outreach Youth Work est un levier pour sortir les jeunes de l'exclusion et tracer un avenir, fondé sur l'écoute, la proximité et un accompagnement bienveillant.

Pour plus de renseignements : maite@mjredange.lu ou (+352) 23 62 06 57

WOCHEPLANG

WÄREND DER SCHULZÄIT

| | | |
|---|--|---|
| MÉINDEN | DËNSCHDEN | MËTTWOCH |
|  | <p>MUSE & PROJET DANCE VUN 16:30-18:30</p>  | <p>FUSSBALL (DEI EICHT WOCH VUM MOUNT ENG ANER SPORSTAART) VUN 17:30-19:00</p>  |
| DONNESCHDEN | FREIDEN | SAMSDEG |
| <p>PROJET DANCE (CORPS EN MOUVEMENT) VUN 16:30-18:30</p>  | <p>KREATIVEN ATELIER (BITZEN, KONSCHT, MAKEN SPACE, ASW...) VUN 14:00-17:00</p>  |  |

NEI STROUMNETZKÄSCHTEN – WAT MUSS ECH WÈSSEN?

Firwat sinn nei Netzkäschten agefouert ginn?

Zënter dem 1. Januar 2025 gëllt eng nei Tarifstruktur fir d'Notzung vum Stroumnetz. D'Zil ass et, d'Stroumnetz ze entlaaschten, also staark Spëtze beim Verbrauch ze vermeiden, an d'Netz méi effizient ze notzen.

D'Käschte fir d'Netznotzung ginn elo nom Impakt, deen de Benotzer op d'Stroumnetz huet, berechent. Esou kënnen d'Käschte méi gerecht verdeelt ginn, an de Verbraucher soll zu méi engem flexibele Verhale motivéiert ginn.

Wéi setzt sech de Stroumpräis zesummen?

De Stroumpräis besteet aus 3 Deeler: dem Energiepräis, dem Netznotzungstarif an de Steieren a Taxen.

Déi rezent Ännerung betrëfft ausschliesslech den Netznotzungstarif. Dësen Tarif deckt d'Käschte fir d'Stroumnetz of – also fir de Bau, den Ënnerhalt an de Betrib vum Netz.

Wat ännert sech elo konkret?

All Stroumkonsument gëtt op Basis vu sengem Stroumverbrauch vun de leschten 12 Méint an eng sougenannt Referenzleeschtungsklass (RLK) agestuift. Bei neie Cliente gëtt eng Standard-RLK geholl.

Wat ass eng „Referenzleeschtung“?

D'Referenzleeschtung entsprécht enger Schwell, déi vum Netzbedreier festgeluecht ginn ass.

Wann Däi Verbrauch dës Schwell iwwerschreit, d.h. wann's Du zu engem Moment ze vill Stroum zur selwechter Zäit verbrauchst, da musst Du en Zouschlag bezuelen. Dësen Zouschlag gëtt nëmmen op där Stroumquantitéit berechent, déi iwwert Denger festgeluechter Schwell läit.

Dëst soll d'Clienten dozou motivéieren, net ze vill Elektrogeräter gläichzäiteg unzeschalt fir Spëtzen ze vermeiden.

Déi aacht verschidde Referenzleeschtungsklassen (RLK) si follgend:

3 kW, 7 kW, 12 kW, 17 kW, 27 kW, 43 kW, 70 kW a 100 kW.


Wéi fannen ech meng Referenzleeschtungsklass eraus?

Zënter Januar 2025 steet Deng RLK op der Stroumrechnung.

Wéi setzt sech den Netznotzungstarif zesummen?

De Präis fir d'Benotze vum Stroumnetz – also de sougenannte Netznotzungstarif – setzt sech aus zwee Deeler zesummen:

Berechnung der Netzunggebühren mit einer Referenzleistung von 7 kW



| Kilowatt (kW) | Kategorien der Referenzleistung | | | | | | | |
|---|---------------------------------|--------|--------|--------|--------|--------|--------|--------|
| | 3 | 7 | 12 | 17 | 27 | 43 | 70 | 100 |
| Grundgebühr (€/Monat) | 11,11 | 19,27 | 29,46 | 39,65 | 60,03 | 92,64 | 147,66 | 208,80 |
| Arbeitspreis (€/kWh)* | 0,0759 | 0,0759 | 0,0759 | 0,0759 | 0,0759 | 0,0759 | 0,0759 | 0,0759 |
| Zuschlag für die Überschreitung (€/kWh)** | 0,1139 | 0,1139 | 0,1139 | 0,1139 | 0,1139 | 0,1139 | 0,1139 | 0,1139 |

*angewendet auf das Gesamtvolumen

**zusätzlich angewendet auf das Volumen, das die Referenzleistung überschreitet

1. E fixe Bestanddeel

Dat ass eng Grundtax, déi's du all Mount bezils. Wéi héich dës Tax ass, hänkt vun Denger RLK of.

2. E variable Bestanddeel

Dëse besteet aus zwou Komponenten:

- Arbeitspräis (€/kWh): Dësen Tarif bezills Du fir all Kilowattstonn Stroum, deen's Du aus dem Netz zitts.
- Zouschlag fir Depassementer (€/kWh): Wann's Du méi Stroum verbrauchst, wéi fir Deng RLK virgesinn ass, kënnst en zousätzlechen Oppräis drop.

Wat wier, wa sech mäi Verbrauch ännert?

Deng Referenzleeschtungsklass (RLK) gëtt all Mount automatesch nei berechent - op Basis vun Dengem Stroumverbrauch vun de leschten 12 Méint. Doduerch ginn och rezent Ännerungen an Dengem Verhale berücksichtegt.

Fir d'Berechnung, gëtt gekuckt, wéi eng vun den 8 RLK fir Dech am bëllegsten ass. Et ass also net néideg, eng Upassung unzefroen, wann et just ëm kleng Ännerunge geet.

Wat geschitt, wann ech mer en Elektro-Auto oder eng Wärmepompe uschaffen?

Wann's Du Däi Stroumverbrauch staark erhéichst – zum Beispill duerch en neien Elektroauto oder eng Wärmepompe – ass et ubruecht, proaktiv eng Upassung vun Denger RLK unzefroen, fir net bei der nächster Stroumrechnung eng Iwwerraschung ze erliewen. Fir dat ze maachen, stellt Creos e prakteschen Online-Tool zur Verfügung, mat deem's Du eng sënnvoll Upassung simuléiere kannst:




Wat kann ech maache fir keng Depassementer ze kréien?

Hei puer Tipps, fir ze verhënneren, dass's Du Deng RLK iwwerschreits:

- Net all d'Geräter gläichzäiteg lafe loossen: Verdeel d'Notzung vun Dengem energieintensivem Geräter (Wäschmaschinn, Trockner, Luedstatioun asw.) iwwer den Dag.
- Luedleeschtung vum Elektroauto limitéieren: Vill Wallboxen/Autoen erlaben et, d'Leeschtung ze drosselen.
- Photovoltaik-Anlag + Batterie: Mat enger Solaranlag an engem Akku kannst Du selwer Stroum produzéieren a späicheren. Doduerch verbrauchst Du manner Stroum aus dem Netz. Als Beispill, wann's Du eng 10kWp-Anlag hues, produzéiert déi am Summer jee no Wieder tëscht 6 an 10 kW, am Wanter bei optimale Bedingunge bis zu 4 kW.
- Effizient Geräter benotzen: Spuersam Haushaltsgeräter an energieeffizient Belichtung hëllefen och de Verbrauch erfzesetzen.



**Mittlere Stromverbräuche verschiedener Geräte (kW)
Consommation moyenne de divers appareils électriques (kW)**



NOUVEAUX TARIFS D'UTILISATION DU RÉSEAU ÉLECTRIQUE – QUE DOIS-JE SAVOIR ?

Pourquoi de nouveaux tarifs d'utilisation du réseau ont-ils été introduits ?

Depuis le 1^{er} janvier 2025, une nouvelle structure tarifaire s'applique à l'utilisation du réseau électrique. L'objectif est de soulager le réseau, c'est-à-dire d'éviter des pics de consommation importants, et d'utiliser le réseau de manière plus efficace.

Les coûts d'utilisation du réseau sont désormais calculés en fonction de l'impact que l'utilisateur a sur le réseau électrique. Cela permet une répartition plus équitable des coûts et encourage le consommateur à adopter un comportement plus flexible.

Comment se compose le prix de l'électricité ?

Le prix de l'électricité se compose de trois parties :

1. Le prix de l'énergie

2. Le tarif d'utilisation du réseau
3. Les taxes et impôts

Le changement récent concerne uniquement le tarif d'utilisation du réseau. Ce tarif couvre les coûts liés au réseau électrique – c'est-à-dire la construction, l'entretien et l'exploitation du réseau.

Qu'est-ce qui change concrètement ?

Chaque consommateur d'électricité est classé dans une « classe de puissance de référence » (CPR) en fonction de sa consommation d'électricité des 12 derniers mois. Pour les nouveaux clients, une CPR standard est appliquée.

Qu'est-ce qu'une « puissance de référence » ?

La puissance de référence correspond à un seuil défini par l'opérateur de réseau.

Si ta consommation dépasse ce seuil, c'est-à-dire si tu consommes trop d'électricité simultanément à un moment donné, un supplément te sera facturé.

Ce supplément ne s'applique qu'à la quantité d'électricité dépassant ton seuil défini. Cela vise à inciter les clients à ne pas faire fonctionner trop d'appareils électriques en même temps afin d'éviter les pics de consommation.

Les huit classes de puissance de référence sont les suivantes :

3 kW, 7 kW, 12 kW, 17 kW, 27 kW, 43 kW, 70 kW et 100 kW.

Comment connaître ma classe de puissance de référence ?

Depuis janvier 2025, ta CPR est indiquée sur ta facture d'électricité.

Comment est calculé le tarif d'utilisation du réseau ?

Le prix pour l'utilisation du réseau électrique se compose de deux parties :

1. Une partie fixe

C'est une redevance de base que tu paies chaque mois. Le montant dépend de ta CPR.

2. Une partie variable, composée de deux éléments

- Le tarif énergie (€/kWh) : Ce tarif est appliqué à chaque kilowattheure que tu consommes à partir du réseau.
- Le supplément pour dépassement (€/kWh) : Si tu consommes plus d'électricité que prévu pour ta CPR, un supplément est facturé sur l'excédent.

Que se passe-t-il si ma consommation change ?

Ta classe de puissance de référence (CPR) est recalculée automatiquement chaque mois sur la base de ta consommation des 12 derniers mois. Les changements récents de comportement sont donc pris en compte. Le système détermine automatiquement quelle CPR est la plus avantageuse pour toi parmi les huit existantes. Il n'est donc pas nécessaire de demander une adaptation pour de petites variations.

Que se passe-t-il si j'achète une voiture électrique ou une pompe à chaleur ?

Si ta consommation d'électricité augmente fortement – par exemple en raison de l'installation d'une voiture électrique ou d'une pompe à chaleur – il est conseillé de demander proactivement une adaptation de ta classe de puissance de référence (RLK), afin d'éviter toute mauvaise surprise sur ta prochaine facture d'électricité. Pour ce faire, CREOS met à disposition un outil en ligne pratique qui te permet de simuler une adaptation appropriée :



Que puis-je faire pour éviter les dépassements ?

Voici quelques conseils pour ne pas dépasser ta CPR :

- Ne pas faire fonctionner tous les appareils en même temps : répartir l'utilisation de tes appareils énergivores (machine à laver, sèche-linge, borne de recharge, etc.) tout au long de la journée.
- Limiter la puissance de charge du véhicule électrique : de nombreuses bornes et voitures permettent de réduire la puissance.
- Panneaux photovoltaïques + batterie : avec une installation solaire et une batterie, tu peux produire et stocker ton propre courant. Cela réduit ta consommation issue du réseau. Par exemple, une installation de 10 kWc produit en été entre 6 et 10 kW selon le temps, et jusqu'à 4 kW en hiver dans des conditions optimales.
- Utiliser des appareils efficaces : des appareils ménagers économes et un éclairage à faible consommation permettent également de réduire la consommation.



INTERVIEW MAM KLIMASCHÄFFEN

Dëst ass de sechsten Interview vun der Serie „Interview mat de Klimaschäffen“. Dës Kéier hu mir eis mam Thierry Lagoda, Buergermeeschter a Klimaschäffe vun der Gemeng Biekerech ënnerhalen. D’Gemeng Biekerech huet am Juli hire Gold-Audit – d’Preparatioune lafen op Héichtouren.



© Kanton Réiden

Thierry, firwat bass Du Klimaschäffe ginn?

Ech si säit 2013, also säit dem Lancement vum Klimapakt, bei eis an der Gemeng Member vum Klimateam. Säit menger Jugend begeeschten ech mech fir Ëmwelt- & Klimaschutzthemen, besonnesch Energieeffizienz an erneierbar Energien. Meng Aarbecht als Klimapakt-Beroder an dräi anere Gemengen hëlleft mir, meng Erfahrung och an eiser Gemeng anzebréngen.

Wat sinn déi gréisste Projeten, déi d’Gemeng Biekerech am Klimaschutz-Beräich déi leschte Joren ëmgesat huet?

Eise gréisste Projet ass dat 15 km laangt Fernwärmenetz, dat zanter 2004 a 4 vun eisen 8 Dierfer läit. Et gëtt vun eiser kommunaler Holzackschnitzelanlag gespeist an zousätzlech mat der Ofwiermt aus der Biogasanlag vun der Kooperativ Biogas Biekerech versuergt. Nom Stopp vun der Biogasproduktioun am Juli bezéie mir d’Hëtzes exklusiv aus der Hackschnitzelanlag – wat weiderhin duergeet.

Wat sinn Är Pläng fir de Klimaschutz an dëser Legislaturperiod?

Wéinst dem Ausserbetriebgange vum der Biogasanlag hu mir eng Etude lancéiert, fir d’Grundlaascht vun der Hëtzt duerch eng alternativ erneierbar Energiequell ze decken. Ënnert anerem gëtt eng industriell Loft-Waasser-Wärmepompe a Kombinatioun mat gréngem Strom analyséiert – Power-to-Heat. Dat neit Wandrad um Bierg kéint hei eng Schlësselroll spillen, well et besonnesch am Wanter vill Energie liwwert, déi fir d’Fernwärmenetz agesat kéint ginn.

Dir hutt eng Energiegemeinschaft gegrënnt?

Ufank Abrëll hu mir d’Energiegemeinschaft Gemeng Biekerech virgestallt. D’Energie vum Wandrad um Bierg a

vu Solaranlagen aus der Gemeng soll direkt den AwunnerInnen ze gutt kommen – zu stabille Präisser, onofhängeg vu globale Krisen. Domat wëlle mir d’Bierger aktiv an d’Energietransitioun abannen an déi energeetesche Onofhängegkeet stäerken.

Wat sinn Är Projeten am Beräich Fouss- a Vëlosweeër?

D’Verkéierssicherheit huet héich Prioritéit fir eise Gemengerot. Fir déi aktiv Mobilitéit ze verbessern, hu mir rezent verschidde Studien an Optrag ginn. Besonnesch am Kontext vum neie Schoulcampus nieft der Sportshal, ass et eis immens wichteg déi beschtméiglech Sécherheet fir eis Klengsten ze garantéieren. Och 30er-Zonen a „zones de rencontres“ ginn iwwerpréift an eng Biergerbedeelegung ass dozou geplangt.

Wéi motivéiert Dir Är Bierger fir matzemaachen?

D’Bierger sinn d’Experten an hire Stroossen, dowéinst si Biergersammlunge virgesinn, wou mir hir Meenung froen. Eis gutt opgestallten Ëmwelt- a Mobilitéitskommissioun schafft aktiv u Verbesserungsvirschléi. Zousätzlech kënne mir op d’Kompetenz vum kantonale Mobilitéitsservice zréckgräifen – eng wichteg Ënnerstëtzung och bei Froe vun de BiergerInnen.

Wat méchs Du perséinlech fir d’Klima ze schützen?

Well mir Energieeffizienz an erneierbar Energie um Häerz leien, iwwerrascht et net, datt ech eng Photovoltaikanlag um Daach hunn an Elektroauto fueren. Beim Bau vun eisem Haus, hu mir eng Reewaasseranlag installéiert, déi eise Waasserverbrauch fir ee 5-Persounen-Stot op ronn 68 m³ d’Joer rofdréckt. Eist Haus ass och, souwäit wéi méiglech, mat ekologesche Materialie gebaut ginn a war 2014 schonn e Passivhaus.

Verréits Du eis nach zum Schluss, wéi Deng Gemeng 2050 ausgesäit?

Ech wënsche mir eng Gemeng mat héijer Liewensqualität, wou mir am Aklang mat der Natur liewen a wou mir komplett onofhängeg vu fossiler Energie sinn an zu 100 % mat regional oder lokaler Energie versuergt ginn.




Dank der neier Energiegemeinschaft kënnen d'Bierger de Stroum vum neie Wandrad direkt bezéien.

Grâce à la nouvelle communauté énergétique, les citoyens peuvent directement bénéficier de l'électricité produite par la nouvelle éolienne.



D'Famill Lagoda huet eng PV-Anlag vun 10 kWp op der Südsäit vun hirem Haus installéiert.

La famille Lagoda a installé une installation photovoltaïque de 10 kWc sur le côté sud de leur maison.




D'Gemeng Biekerech ass bekannt fir hiert Fernwärmenetz aus erneierbaren Eenergien, dat iwwer 15 km d'Hallschent vu sengen Dierfer mat Hëtzes beliwwert.

La commune de Beckerich est connue pour son réseau de chauffage urbain sur base d'énergies renouvelables, qui s'étend sur plus de 15 km et fournit de la chaleur à la moitié de ses villages.



D'Gemeng mécht eng Etude fir d'Aféierung vun 20er an 30er Zonen op Gemengestroossen ze préiwen.

La commune réalise une étude pour examiner l'introduction de zones 20 et 30 sur les routes communales.



ENTRETIEN AVEC L'ÉCHEVIN « CLIMAT »

Voici le sixième entretien de notre série « Entretien avec l'Échevin 'Climat'. Cette fois, nous nous sommes entretenus avec Thierry Lagoda, bourgmestre et Échevin « Climat » de la commune de Beckerich, qui passera son audit Gold en juillet – les préparatifs battent leur plein.

Thierry, pourquoi es-tu devenu Échevin du climat ?

Depuis 2013, soit depuis le lancement du Pacte Climat, je suis membre de l'équipe climat dans notre commune. Depuis mon adolescence, je m'intéresse aux questions environnementales et climatiques, en particulier à l'efficacité énergétique et aux énergies renouvelables. Mon travail en tant que conseiller Pacte Climat dans trois autres communes m'aide à apporter mon expérience également dans notre propre commune.

Quels sont les plus grands projets que la commune de Beckerich a réalisés ces dernières années dans le

domaine de la protection du climat ?

Notre plus grand projet est le réseau de chauffage urbain de 15 km de long, en service depuis 2004 dans 4 de nos 8 villages. Il est alimenté par notre installation communale de copeaux de bois et complété par la chaleur résiduelle de l'installation de biogaz de la coopérative Biogas Beckerich. Après l'arrêt de la production de biogaz en juillet, la chaleur sera fournie exclusivement par l'installation à copeaux – ce qui reste suffisant pour couvrir les besoins.

Quels sont vos projets en matière de climat pour cette législature ?

Suite à l'arrêt de la production de

biogaz, nous avons lancé une étude pour remplacer cette charge de base par une autre source d'énergie renouvelable. Nous analysons notamment l'utilisation d'une pompe à chaleur air-eau industrielle combinée à de l'électricité verte – le concept de « Power-to-Heat ». La nouvelle éolienne au-dessus de Beckerich pourrait jouer un rôle clé, car elle produit beaucoup d'énergie, surtout en hiver, lorsque les besoins en chaleur sont élevés.

Vous avez également lancé une communauté énergétique ?

Oui, début avril, nous avons présenté la communauté énergétique de la commune de Beckerich. L'énergie pro-

duite par l'éolienne et les installations solaires de la commune bénéficieront directement aux habitants – à des prix stables et indépendants des crises mondiales. Nous souhaitons ainsi impliquer activement les citoyens dans la transition énergétique et renforcer l'indépendance énergétique.

Quels sont vos projets en matière de mobilité douce ?

La sécurité routière est une priorité pour notre conseil communal. Pour renforcer la mobilité active, nous avons récemment commandé plusieurs études. En particulier dans le contexte du nouveau campus scolaire à côté de la salle de sport, il est très important pour nous d'assurer la meilleure sécurité possible pour les plus jeunes. Nous étudions également la mise en place de zones 30 et de « zones de rencontre », avec une participation citoyenne prévue à ce sujet.

Comment motivez-vous les citoyens à participer à ces efforts ?

Les citoyens sont les mieux placés

pour connaître leurs rues – c'est pour quoi des réunions d'information sont prévues pour recueillir leur avis. Notre commission environnement et mobilité, bien structurée, travaille activement sur des propositions d'amélioration. Nous pouvons également compter sur les compétences du service mobilité du canton, qui reste à l'écoute des citoyens pour toute question liée à la mobilité.

Que faites-vous personnellement pour protéger le climat ?

Étant très attaché à l'efficacité énergétique et aux énergies renouvelables, j'ai installé des panneaux photovoltaïques sur mon toit et je conduis un véhicule électrique. Lors de la construction de notre maison, nous avons également installé un système de récupération des eaux de pluie, ce qui a permis de réduire notre consommation d'eau à environ 68 m³ par an pour un foyer de cinq personnes. Notre maison, construite avec des matériaux écologiques dans la mesure du possible, est un bâtiment passif depuis 2014.

Et pour finir, à quoi ressemblera votre commune en 2050 ?

Je souhaite une commune avec une grande qualité de vie, en harmonie avec la nature, totalement indépendante des énergies fossiles et approvisionnée à 100 % par une énergie régionale ou locale.



KANTON REIDEN
ENVIRONNEMENT



PacteClimat | EUROPEAN ENERGY AWARDS
Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden Service Environnement
Pacte Climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 334-420
environnement@kanton-reiden.lu

Freideg 27 / 06 / 2025
16.30 – 23.00 Auer

Summerowend

**Musik & Danz (DJ Fipsi)
Summerlecht lessen
Cocktail-Bar
Tombola
Animatioun**

**Versteë vum enger Holz-
bänk aus Kiischenholz,
hiergestallt an eisem Atelier**

Wou? Bei eis am Haff!

Op der Schock
34A, route de Reichlange
L-8508 Redange / Attert



Eise Buttek ass bis 20 Auer op.
Samschdes, den 28.06.2025 ass de Buttek zou.

GREEN EVENTS

Dëst Evenement gëtt nohalteg organiséiert.
Dofir: Kommt mam öffentliche Transport oder maacht Covoiturage!

Mir vergréisseren!

Fir de groussen, geplangten Ausbauprojet vun eisen Atelieren zu Réiden sammele mir am Kader vun eisem Summerowend Suen.

Dir kënnst eis dobäi ënnerstëtzen, an:

eng Corbeille mat Produit'en aus eisem Buttek
fir eis Tombola sponsieren.
Corbeille am Wäert vun 25 € oder 50 € resp. BEKI

een Akafs- oder lessbong vun Ärem Betrib
an eis Tombola ginn.
Kontakt: info@ods.lu oder Tel.: 26 62 18 81

der ASBL Op der Schock **een Don** maachen.






Corbeille 25€ Corbeille 50€ Ausbauprojet

ASBL Op der Schock: LU34 0090 0000 4025 0607 (CCRALULL)
Betreff: „Don Corbeille“ oder „Don Ausbauprojet“

Villmools MERCI fir Är Ënnerstëtzung!

KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT

REPAIR CAFÉ KANTON RÉIDEN - MIR STELLEN
EIS REPAIRERIN VUM BITZATELIER VIR!

An dëser Editioun stelle mir eis Repairerin fir kleng Bitzaarbechte vir: d’Laura Frising vu Pärel. D’Laura schafft fräiberufflech am Konschtberäich an engagéiert sech an hirer Fräizäit als Benevole am Repair Café vum Kanton Réiden.

Wéi koum et dozou, dass Du Bitzreparaturen am Repair Café ubitts?

Ech hat ëmmer gemengt, dass am Repair Café

Nous vous présentons notre réparatrice de l’atelier couture du Repair Café ! Laura Frising, originaire de Perlé, est artiste indépendante et bénévole au Repair Café du canton de Redange, où elle propose un atelier de couture.

Comment as-tu rejoint notre Repair Café ?

Je pensais au départ qu’on y

réparait uniquement des appareils électroniques. Quand un Repair Café a été organisé chez nous, j’étais très enthousiaste. En effet, j’adore son concept : tout ne doit pas forcément être racheté neuf et bon marché. J’ai donc proposé d’y offrir un atelier couture – et c’est ainsi que j’ai rejoint l’équipe.

Que ré pares-tu le plus souvent ?

Surtout des pantalons ou pulls abîmés au niveau de la couture, des genoux troués sur des vêtements d’enfants. Je répare aussi parfois des chaussettes en laine et recouds des boutons. Ce sont des petits travaux

nëmmen Elektrogeräter gefléckt géife ginn. Wéi dunno och Repair Caféë bei eis an der Géigend ugebuede goufen, war ech direkt begeeschtert. D’Iddi hannendru gefält mir nämlech immens gutt: Et muss net ëmmer alles nei a méiglechst bëlleg kaaf ginn. Ech hu beim Kanton Réiden nogefrot, ob ech e Bitzatelier kéint ubidden – an esou koum et, dass ech mech hei engagéieren.

Wat sinn déi heefegst Saachen, déi’s Du am Repair Café flécks?

Am heefegste sinn et Boxen oder Pulloveren, déi an der Nout futti sinn. Ganz dacks och musse Lächer um Knéi vu Kannerboxen zougebitzt ginn. Heiansdo flécken ech och Wollstrëmp oder fixéieren e Knapp. Dat si Saachen, déi ech gutt flécke kann, ouni eng professionnell Néiesch mussen ze sinn.

Wat mécht Dir am meeschte Freed un Dengem Engagement am Repair Café?

Et ass esou schéin ze gesinn, wann d’Leit sech freeën, wann hir Saachen nees gefléckt sinn a se net ewechgehät musse ginn. Ausserdeem muss ech mir ëmmer nees nei Techniken uleeën, fir verschidde Saachen ze flécken – an dobäi léieren ech ganz vill bäi.

Mir sinn immens frou, dass d’Laura de Bitz-Atelier an eisem Repair Grupp ubitt a soen hir e grouse Merci fir hier Disponibilitéit an Asaz.

Zéckt net, mat Ärem Kleedungsstéck an ee vun eisen nächste Repair Caféëen ze kommen – mir freeën eis op Äre Besuch!

que je maîtrise bien, même sans être couturière de métier.

Qu’est-ce qui te plaît le plus dans ton engagement au Repair Café ?

Voir la joie des gens quand leurs affaires sont réparées et ne finissent pas à la poubelle. Et puis j’apprends toujours de nouvelles techniques en pratiquant !

Nous remercions chaleureusement Laura pour son engagement et sa disponibilité. Venez avec votre vêtement à l’un de nos prochains Repair Cafés – nous serons ravis de vous y accueillir !

WAT ASS E REPAIR CAFÉ?

E Repair Café ass eng Initiativ, bei där jidderee seng futtis Géigestänn matbréngen kann, fir se zesumme mat Fräiwëllegeren ze flécken – amplaz se wechzegehen. Ob Elektrogeräter, Véloen, Kleeder, stomp Messeren oder kleng Miwwelstécker: an engem Repair Café kréien net nëmmen déi futtis Saachen een neit Liewen, mee et ginn och Wëssen a Fäegkeete gedeelt.

Am Kanton Réiden fënnt 4x am Joer e Repair Café an enge vun eisen 9 Gemenge statt. D'Bedelegung ass gratis, an et gëtt ëmmer Kaffi & Kuch ugebueden.

Kommt gäre mat Ärem futtisse Géigestand laansch. Den nächste Repair Café ass Samschdes, den 22. November am Centre Culturel zu Ell.

QU'EST-CE QU'UN REPAIR CAFÉ ?

Un Repair Café est une initiative où chacun peut apporter ses objets défectueux pour les réparer ensemble avec des bénévoles – au lieu de les jeter.

Qu'il s'agisse d'appareils électroniques, de vélos, de vêtements, de couteaux émoussés ou de petits

meubles : au Repair Café, ce ne sont pas seulement les objets endommagés qui retrouvent une nouvelle vie, mais on y partage aussi savoir-faire et compétences.

Dans le canton de Redange, un Repair Café a lieu quatre fois par an dans l'une de nos neuf communes.

La participation est gratuite, et café & gâte aux sont toujours proposés. N'hésitez pas à venir avec votre objet défectueux !

Le prochain Repair Café aura lieu le samedi 22 novembre au Centre culturel d'Ell.





**KANTON
REIDEN**




**REPAIR
CAFÉ** Lëtzebuerg

Repair Café Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 334-040
info@kanton-reiden.lu

WAS LÄUFT AUF DER PALL?



Die Pall, ein etwa 10 km langes Gewässer, das im belgischen Grenzgebiet entspringt, im Oberlauf durch Oberpallen und im Unterlauf durch Niederpallen führt, um dann unweit der Niederpallener Mühle in die Attert zu münden. Der relativ große Höhenunterschied zwischen Quelle und Mündung, sowie eine sehr gleichmäßige Wasserführung ermöglichten früher den Bau mehrerer Mühlen entlang seines Weges. Heute ist die Pall ein eher stark eingeschnittenes Gewässer, geprägt von menschlicher Nutzung und mit einer unbefriedigenden Bewertung, was den ökologischen Zustand betrifft.

In den Jahren 2022-2024 wurde in Level auf Initiative des zuständigen Revierförsters ein Projekt gestartet von dem der Gewässerlauf ebenso profitiert wie die Landwirtschaft. Die Asbl Maison de l'Eau de l'Attert plante und begleitete die Durchführung der Maßnahmen in Zusammenarbeit mit der Wasserwirtschaftsverwaltung. Finanziert wurden sie vom Wasserwirtschaftsfonds des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität.

Wenn auch Sie Eigentümer von Grundstücken entlang der Pall oder eines anderen Gewässers im Einzugsgebiet der Attert sind und Verbesserungsmaßnahmen wünschen, die sowohl dem Gewässer wie auch der Landwirtschaft zugute kommen, dann wenden Sie sich an das Wasserhaus in Redingen. Wir überprüfen zusammen, welche Umsetzungen möglich sind.

QUOI DE NEUF SUR LA PALL ?

La Pall, un cours d'eau d'environ 10 km qui prend sa source dans la région frontalière belge, traverse Oberpallen dans son cours supérieur et Niederpallen vers l'aval, avant de se jeter dans l'Attert non loin du moulin de Niederpallen. La différence d'altitude relativement importante entre la source et l'embouchure, ainsi qu'un débit d'eau régulier, permettaient autrefois la construction de plusieurs moulins le long de son parcours. Aujourd'hui, la Pall est un cours d'eau plutôt fortement encaissé, marqué par l'exploitation humaine et dont l'état écologique est jugé insatisfaisant.

Dans les années 2022-2024, sur l'initiative du garde forestier de Beckerich, un projet a été lancé à Levelange dont le cours d'eau profite tout autant que l'agriculture. En collaboration avec l'Administration de la gestion de l'eau, l'Asbl Maison de l'Eau de l'Attert a planifié et

accompagné la mise en œuvre des mesures qui ont été financées par le Fonds pour la gestion de l'eau du Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.

Si vous aussi, vous souhaitez des améliorations bénéfiques pour l'eau

et l'agriculture et que vous avez des terrains sur la Pall ou sur un autre cours d'eau du bassin versant de l'Attert, vous pouvez vous adresser à la Maison de l'eau de l'Attert asbl à Redange. Nous examinerons ensemble les pistes possibles.



VORHER/AVANT



Ufereinzäunung auf durchschnittlich 3 m Breite auf einer Strecke von etwa 250 m beidseitig der Pall. Da der Zugang für das Vieh nun nicht mehr möglich ist, wurde eine Tränke am Eingang der Weide errichtet.



Eine Viehbrücke in einer Stahl-Holzkonstruktion ermöglicht den Übergang des Viehs auf die andere Uferseite. Das Holz für den Bau beider Brücken stammt aus den Wäldern des Forstreviers Beckerich.



Ersetzen eines Betonrohres durch eine landwirtschaftliche Brücke. Das Rohr behinderte wegen seines engen Querschnitts den Wasserabfluss und wegen seines Höhenversatzes die Durchgängigkeit für die aquatische Fauna.





Clôture des berges de part et d'autre de la Pall sur environ 250 m avec bande rivulaire d'une largeur moyenne de 3m. L'accès au ruisseau n'étant plus possible pour le bétail, un abreuvoir a donc été aménagé à l'entrée du pâturage.



Une passerelle à bétail en acier-bois permettant le passage du bétail de part et d'autre de la rivière. Le bois pour la construction des deux ponts provient des forêts de triage de Beckerich.



Remplacement d'une buse en béton par un pont agricole en acier-bois. Avec sa section trop étroite, le tuyau entravait l'écoulement de l'eau, de même que la libre circulation de la faune aquatique en raison de sa différence de niveau par rapport au cours d'eau.

NACHHER/APRÈS

FRÜHJAHRSPUTZ AUF DER PALL

Achtlos weggeworfen oder achtlos am Ufer liegengelassen und bei Hochwasser mitgeschwemmt? Das achtlose Wegwerfen von Gegenständen in die Natur hat zugenommen und macht auch vor unseren Gewässern nicht halt.

Im März befreiten Pächter der Fischereilose der Pall ihr Angelgewässer von allerlei Unrat und Müll. Einen herzlichen Dank an die Fischereipächter für ihren aktiven Einsatz und ihr Engagement zur Reinhaltung der Pall!

Wenn auch Sie Pächter eines Fischereilos im Einzugsgebiet der Attert sind und sich an der Großreinemachen-Aktion unserer Gewässer beteiligen möchten, dann wenden Sie sich an das Wasserhaus in Redingen.



Auf einer Strecke von ca. 3000 m wurde die Pall im Frühling von Müll befreit. *Au printemps, la Pall a été débarrassée de ses déchets sur un tronçon d'environ 3000 m.*

NETTOYAGE DE PRINTEMPS SUR LA PALL

Jeté volontairement ou laissé négligemment sur les abords de l'eau et emporté en cas de crue ? Le fait de jeter négligemment des objets dans la nature a augmenté et n'épargne pas nos cours d'eau.

En mars, les locataires des lots de pêche de la Pall ont débarrassé leur eau de pêche de toutes sortes de détritus et de déchets. Un grand merci à eux pour leur engagement actif et leur volonté de maintenir la Pall propre !

Si vous aussi, vous êtes locataire d'un lot de pêche dans le bassin versant de l'Attert et que vous souhaitez participer à l'action de grand nettoyage de nos cours d'eaux, adressez-vous à la Maison de l'eau à Redange.




Maison de l'Eau de l'Attert asbl
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
attert.com



VÉLOSUMMER 2025 AM WËLLE WESTEN

Le circuit Vélosummer du Wëlle Westen sera ouvert les week-ends des 26-27 juillet et 2-3 août.



Deux parcours au choix :

- **Le Grand Tour (53 km)** - principalement sur pistes cyclables et chemins agricoles. Deux routes (Grosbous–Grovels et Heispelt–Arisdorf) seront réservées aux cyclistes, circulation, sauf pour les riverains et agriculteurs.
- **Le Tour Famille (11km)** – un itinéraire plus court, idéal pour tous les âges, combinant pistes cyclables, chemin agricole et brefs passages sur la route à travers les villages.



Départ officiel depuis le P&R Schwebach, mais vous pouvez commencer la balade à n'importe quel endroit du parcours.

À Grosbous, faites une pause gourmande aux stands tenus par les associations locales Agility-sport Grosbous et Ju-Jitsu Self-Defense du Nord.



Participation gratuite, sans inscription – départs libres entre 7h à 19h. Possibilité de location d'un vélo électrique à Useldange avec réservation préalable (plus d'info : 28 33 45).

Internet : www.velosummer.lu





%

12. JULI 25



SUMMER FEST

%

%


REIDEN



- ✓ GUTT AFFAIREN
- ✓ BRADERIES PRÄISSER
- ✓ IESSEN AN DRÉNKEN
- ✓ CONCERTEN A BANDS
- ✓ ANIMATIONUN FIR KANNER

GESCHÄFTER AN DER
GRAND-RUE SINN OP
VILL ANER VERKAFSSTÄNN

%



%

%

UNION COMMERCIALE ET
ARTISANALE REDANGE

%



VËLOSLOCATION UN AN DER TOURISTINFO WËLLE WESTEN ZU USELDENG – LOUNT ELO ÄREN E-BIKE BEI EIS!



LOCATION DE VÉLOS POUR L'ÉTÉ À L'OFFICE DE TOURISME À USELDANGE – LOUEZ UN E-BIKE!

Am **Juni, Juli an August** bidde mir lech d'Méiglechkeet, ëmweltfrëndlech a komfortabel d'Regioun vum Wëlle Westen mat engem E-Bike ze entdecken. Fir just **30 € den Dag** pro Velo kënn Dir bei eis héichwäerteg E-Bikes ausléinen an déi schéi Summerdeeg op zwee Rieder genéissen.

Öffnungszeiten:

- Méindeg bis Freideg: 10:00 - 12:00 & 13:00 - 17:00
- Am Juli an August si mir och Weekends op.

Dir kënn direkt bei eis ee vun den zwee verfügbaren E-Bikes lounen oder op Nofro méi Vëloer fir grouss Gruppe buchen (selon disponibilité). Egal ob fir ee spontanen Ausfluch oder ee geplangten Tour – eis E-Bikes bidden lech den ideale Confort!

Vëloskaart fir 4 €:

Fir all déi, déi op nei Strecken an Entdeckungen aus sinn, bidde mir eng detailléiert Vëloskaart fir just 4 € un. Mat där hutt Dir ëmmer déi bescht Strecken un der Hand a kënn Ären Tour perfekt plangen. Ze kafe kritt Dir se bei eis am TouristInfo zu Useldeng.

*En juin, juillet et août, nous vous offrons la possibilité de découvrir la région de manière écologique et confortable en louant un E-Bike. Pour seulement **30 € par jour** par vélo, vous pouvez louer nos vélos électriques de qualité et profiter des journées estivales sur deux roues.*

Nos horaires d'ouverture :

- Du lundi au vendredi : 10h00 - 12h00 et 13h00 - 17h00
- En juillet et août également le week-end

Vous pouvez louer directement sur place l'un de nos deux vélos disponibles ou réserver plusieurs vélos sur demande pour des groupes (selon disponibilité). Que ce soit pour une sortie spontanée ou une excursion planifiée, nos E-Bikes vous offrent le confort idéal.

Carte vélo pour 4 € :

Pour tous ceux qui souhaitent explorer de nouveaux itinéraires, nous proposons également une carte détaillée des pistes cyclables pour seulement 4 €. Vous aurez ainsi toujours les meilleures routes à portée de main pour planifier votre aventure.



**KANTON
REIDEN**
TOURISME



TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
visitwellewesten.lu
f visitwellewesten
@ visitwellewesten

LES ARTISANS DU KANTON REIDEN

BRASSERIE DU KROPEMANN



Kënnt Dir lech kuerz virstellen?

Ech heesche Fabrice Dewasmes, sinn 48 Joer al, bestuet a Papp vu zwee Kanner. Mir wunnen zanter 2018 zu Réiden. Ech schaffen als Informatiksinneur.

Wéi huet alles ugefaangen?

Alles huet 2017 mat engem klengen Heem-Brauset ugefaangen. Aus Virwëlz hunn ech eng 2-järeg Brauer-Ausbildung um IFAPME zu Arel gemaach. Ufank 2023 hunn ech meng Mikro-Entreprise gegrënnt. Zweek vu menge Béier goufen Enn 2024 an engem Adventskalenner fir lëtzebuergesche Béier opgeholl, wat mir vill Visibilitéit bruecht huet. Zënterhier brauen ech tëscht 1.500 an 2.500 Liter d'Joer – bewosst an engem klengen, familiäre Kader. Kierzlech hunn ech eng Goldmedail beim internationale Concours zu Lyon gewonnen, géint 8.000 aner Béier.

Wou gëtt de Béier hiergestallt?

Ech brauen alles bei mir doheem zu Réiden, an engem Raum vun nëmmen 8 m²!

Firwat den Numm „Kropemann“?

Ech wollt mäi Béier mat eiser Region verbannen an de lokale Charakter ënnersträichen. De Kropemann ass eng symbolesch Figur vu Réiden – et war also e logeschen a symbolesche Choix.

Wat mécht Ären artisanale Béier eenzegaarteg?

Ech braue selwer zu Réiden no mengen eegene Rezepten. Alles gëtt op der Hand gemaach. Ech manipuléieren de

Béier net mat Siropen oder kënschtlechen Aromaen – ech benotze just héichwäerteg natierlech Zutaten, fir e richteg authentesch Geschmaach ze garantéieren.

Kënnt Dir eis Är aktuell Gamme virstellen?

Meng regulär Gamme besteet aus véier Béier, wou all Numm e perséinleche Bezuch op meng Famill huet:

- Clairette (IPA): mat Nuancen aus Brout an exotesche Friichten.
- Ange (APA): e malzege Béier mat enger Karamell- a Zitrusnott.
- Fleurette: e saisonale Béier mat Hielännerbléien
- Boise: e Wäissbéier hiergestallt mat Bio-Hambier.

Heiansdo maachen ech och speziell Béier fir eng kuerz Zäit, wéi e Chrëschtagsbéier mat Gewierznuancen oder en donkele Béier mat lëtzebuergeschem Hunneg.

Wëllt Dir Är Produktioun ausbauen?

Mäi Ziel ass et kleng ze bleiwen, d'Freed um Brauen ze behalen an ëmmer eng héich Qualitéit ze garantéieren. Mäi Béier gëtt mat Häerz a Passioun gemaach – genee dat soll e gudden artisanale Béier auszeechnen.

Wou kënnen mir Är Béier kafen?

All meng Produkter si verfügbar iwwer meng Websäit, wou ee se online bestelle kann. Dir fannt mäi Béier och am Pall Center an am Mi-Orge Mi-Houblon zu Weyler.. Déi visuell Identitéit vun der Brasserie – d'Etiquette an d'Grafik – gouf vu menger Fra, déi Berufsgrafikerin ass, entworfen.

BRASSERIE DU
KROPEMANN

Micro-Brasserie Artisanale Du Kropemann Sarl-s
40, rue de Nagem
L-8509 Redange / Attert

(+352) 661 544 755
fabrice@brasserie-kropemann.lu
brasserie-kropemann.lu



BRASSERIE DU KROPEMANN

Pouvez-vous vous présenter ?

Je m'appelle Fabrice Dewasmes, j'ai 48 ans, je suis marié et père de deux enfants. Nous habitons Redange depuis 2018. Je travaille comme ingénieur en informatique.

Comment est née l'aventure de la Micro-Brasserie du Kropemann ?

Tout a commencé en 2017 avec un kit de brassage. Curieux de comprendre ce processus complexe, j'ai suivi ensuite une formation de 2 ans en brasserie à l'IFAPME d'Arlon. Début 2023, j'ai lancé ma micro-entreprise. Deux de mes bières ont figuré fin 2024 dans un calendrier de l'Avent des bières luxembourgeoises, ce qui a contribué à faire connaître la brasserie. Depuis, je brasse entre 1 500 et 2 500 litres par an, en choisissant volontairement de rester petit. Et tout récemment, j'ai remporté une médaille d'or au Concours International de Lyon face à 8 000 autres bières.

Où se trouve le site de production ?

Tout est brassé à la maison, à Redange, dans un espace d'à peine 8 m² !

Pourquoi avoir choisi le nom « Kropemann » pour votre brasserie ?

Je souhaitais ancrer mes bières dans leur terroir et promouvoir le local. Le Kropemann est une figure emblématique de Redange – c'était donc un choix naturel et symbolique.



D'Gamme vun der Brasserie Kropemann – Dir kënn se online oder am Pall Center kafen.

La gamme de la Brasserie Kropemann - disponible en ligne ou au Pall Center.

Qu'est-ce qui distingue vos bières artisanales des autres sur le marché ?

Je brasse moi-même, à Redange, à partir de mes propres recettes. Tout est fait à la main. Je n'ajuste jamais mes bières avec des sirops ou des arômes artificiels : j'utilise uniquement des ingrédients de qualité supérieure pour garantir un goût authentique et naturel.

Parlez-nous de votre gamme actuelle ?

Ma gamme régulière comprend quatre bières, dont chaque nom est un clin d'œil à ma famille.

- Clairette (IPA) : avec ses notes de pain et de fruits exotiques.
 - Ange (APA) : une bière maltée qui mêle caramel et agrumes.
 - Fleurette : une bière de saison aux fleurs de sureau
 - Boise est une blanche aux framboises bio.
- De temps à autre je fais aussi quelques brassins éphémères, comme une bière de Noël aux arômes épicés ou encore une brune au miel d'apiculteur luxembourgeois.

Souhaitez-vous agrandir la production ?

Mon but est de rester petit, de garder le plaisir de brasser sans pression, tout en assurant une excellente qualité. Ma bière est faite avec cœur et passion, ce qui doit caractériser une bonne bière artisanale.

Où peut-on acheter vos bières ?

Tous mes produits sont disponibles sur mon site internet, où il est possible de commander en ligne. Vous pouvez également les retrouver au Pall Center ainsi qu'au Mi-Orge Mi-Houblon à Weyer. L'identité visuelle de la brasserie – étiquettes, graphisme – est signée par mon épouse, graphiste de métier.



Et ass eng Micro-Brasserie am wahrsten Sinne des Wortes: déi ganz Produktioun fénnst op 8 m² statt.

C'est une micro-brasserie au sens le plus littéral du terme : toute la production se fait dans un espace de 8 m² à peine



De Béierdeckel ass eng Creatioun vum Fabien senger Fra, déi vu Beruff Grafikerin ass. Hudd Dir de Profil an de Krop vun Kropemann drop entdeckt?

Le rond de bière est une création de l'épouse de Fabien, graphiste de métier. Y avez-vous remarqué le profil et le crochet du Kropemann ?

LES ARTISANS DU WËLLE WESTEN

SN WOOD DESIGN



D'Sarah an den Nicolas - d'Cheffe vun SN Wood Design
Sarah & Nicolas - les dirigeants de SN Wood Design

Zanter August 2024 sinn d'Sarah an den Nicolas an der Aktivitéitszon Solupla zu Réiden installéiert a féieren zesummen SN Wood Design – eng Schräinerei spezialiséiert op Miwwelen op Mooss, vun der Conception bis zur Produktioun, alles „Made in Redange“.



Wéi ass SN Wood Design entstanden?

2018 hu mir decidéiert, en neit beruflecht Kapitel unzefänken. Mir hu bescheiden an engem klengen Lokal zu Useldeng ugefaangen. Wéinst der wuessender Nofro ass eis Ekipp du séier vu 5 op 12 Leit gewuess. Mir wunnen am Préziderdaul a si ganz dankbar, datt mir am Summer 2024 dës grouss Hal zu Réiden duerfte lounen, déi genuch Plaz bitt fir eis grouss Maschinnen.

Wat genau bitt Är Schräinerei un?

Mir maachen ausschliisslech Miwwelen op Mooss – op de Millimeter genee – mat Maschinne vun der neister Generatioun. Eis Kreatiounen enthalen Dressingen, Kichen, Dëscher aus Massivholz oder Haarz, Buedzëmmermiwwel, Bänken, Canapéé souwéi Aariichtunge fir Restauranten a Büroen.

Wee sinn Är Clienten?

Mir schaffe souwuel fir Privatleit wéi och fir Betriber. Zousätzlech si mir op der Plattform wedo.lu präsent, déi Privatleit mat lokalen Handwierker a Kontakt bréngt.

Wat mécht Är Produkter eenzegaarteg?

Mir leeë grouse Wäert op Qualitéit, regional Materialien a pünktlech Liwwerungsterminer. All Stéck ass eenzegaarteg a gëtt an enkem Austausch mam Client entworfen, fir perfekt op seng Besoinen zugeschnitten ze sinn. Eis Clienten dierfe jidderzäit an eisen Atelier komme fir d'Entstoe vun hirem Miwwelstéck mat ze erliewen.

Mat wat fir Holz-Zorte schafft Dir?

Mir benotze regional Holz-Zorten - Eech, Noss oder Pëppel – alles aus engem Rayon vun héchstens 300 km. Fir all Massivholzmiwwel gëtt e Zertifikat mat der Hierkonft vum Holz ausgestellt. Den Nicolas sicht d'Holz perséinlech an de Seeëreien aus, fir eng héich Qualitéit ze garantéieren.

Setzt Dir och an anere Beräicher op kuerz Weeër?

Jo, mir schaffe mat lokale Partner, z. B. mat eisem Noper SETHIAL fir Metallelementer. Aktuell si mir dobäi, eng Pellet-Heizung ze installéieren, déi mat de Spéin aus eiser eegener Produktioun gefiddert gëtt.

Kommt eis Realisatiounen kucken oder schwätzt mat eis iwwer Äre Projet – mir freeën eis op lech!



SN Wood Design personnalisiert d'Holz mat engem professionellem Laser

SN Wood Design personnalise le bois avec un laser professionnel

SN Wood Design proposiert och Abauschief op Mooss

SN Wood Design propose aussi des placards sur mesure

SN WOOD DESIGN

Installés depuis août 2024 dans la zone d'activités Solupla à Redange, Sarah et Nicolas dirigent SN Wood Design, une menuiserie spécialisée dans le mobilier sur mesure, de la conception à la fabrication, entièrement réalisée sur place.

Comment est née l'aventure SN Wood Design ?

En 2018, nous avons décidé de nous lancer dans un nouveau projet professionnel. Nous avons commencé modestement dans un petit local à Useldange. Avec la demande croissante, l'équipe est rapidement passée de 5 à 12 personnes. Résidant à Préziderdau, nous sommes très reconnaissants d'avoir trouvé en 2024 ce grand hall à Redange, qui offre suffisamment d'espace pour nos grosses machines de production.



Een Unikat, eng Dëschplatt aus Haarz a Stamm-Rondelen

Pièce unique avec résine et rondelles de tronc

Quels types de menuiserie proposez-vous ?

Nous réalisons exclusivement du mobilier sur mesure, au millimètre près, grâce à des machines de dernière génération. Nos créations incluent dressings, cuisines, tables en bois massif ou résine, meubles de salle de bain, banquettes, canapés, et aménagements pour restaurants ou bureaux.

À quels publics vous adressez-vous ?

Nous travaillons aussi bien pour les particuliers que pour les professionnels. Nous sommes également présents sur la plateforme wedo.lu, qui met en relation les particuliers avec des artisans locaux.

Qu'est-ce qui rend vos produits uniques ?

Nous accordons une grande importance à la qualité, à l'utilisation de matériaux locaux et au respect strict des délais. Chaque pièce est unique, conçue en étroite collaboration avec nos clients pour répondre parfaitement à leurs besoins. De plus, nos clients peuvent à tout moment venir découvrir la fabrication de leur meuble dans nos ateliers.

Quelles essences de bois utilisez-vous et pourquoi ?

Nous utilisons des essences locales telles que le chêne, le noyer, le peuplier ou la loupe de chêne, provenant d'un rayon de 300 km maximum. Pour chaque meuble en bois massif,

nous fournissons un certificat indiquant la provenance du bois. Nicolas sélectionne personnellement le bois dans les scieries pour garantir une qualité irréprochable.

Privilégiez-vous les circuits courts dans d'autres domaines ?

Oui, nous collaborons avec des partenaires locaux, comme notre voisin SETHIAL pour les éléments métalliques. Nous sommes également en train d'installer une chaudière à pellets, alimentée par les copeaux de bois issus de notre production.

Pour découvrir nos réalisations ou discuter de votre projet, n'hésitez pas à nous contacter !



SN WOOD DESIGN
32 E, rue de Niederpallen
L-8506 Redange / Attert

(+352) 691 944 848
info@wooddesign.lu
f SN WoodDesign
@ sn_wood_design
in SN WOODDESIGN

Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen

**Guidéiert historesch Trëppeltier
Daucht an d'Geschicht vum Wëlle Westen an!**



Zesummen trëppele mir duerch eis Dierfer a kréie vun eise passionéierte lokale Geschichtsfrënn beweegend Anekdoten a spannend Informatiounen iwwer d'Duerfliewe vun deemools erzielt.

Ënnerwee bleiwe mir bei eisen neien Zäitrees-Pannoe stoen a kucken eis déi historesch Fotoen un.

Programm 2025

Sonndes, 6. Juli
Viichten

Op Zäitrees duerch Viichten

9h30-12h00

Depart: Parking

Rue de l'Église - Viichten

3,7 km, einfach

Mam Romain Jacoby, Viichter a
Mäerzeger Geschichtsfrënn

Sonndes, 7. September
Préizerdaul

Op Zäitrees duerch den Daul

15h00-17h30

Depart: Parking vum Centre Culturel

Op der Fabrik - Platen

5 km, einfach

Um 17h30 ass eng Virstellung vum
DigitalArchiv Préizerdaul am
Centre Culturel Op der Fabrik

Mam Arthur Bour a Claude Steichen
vum DigitalArchiv Préizerdaul (DAP)

Sonndes, 14. September
Bungeref

Den Nic. Molitor Wee

14h00-18h00

Depart: Centre Culturel

Bungeref

12,5 km, ustrengend

Fakultativ: Owesiesen am Restaurant
La Galerie, fréieren Hotel Molitor

Mam Romain Gaspar, Auteur vum Buch
„No 100 Joer un d'Liicht“

Syndicat d'Initiative Bungeref

Sonndes, 28. September
Uselding

Op Zäitrees duerch Uselding

9h30-12h00

Depart: TouristInfo

am Millenhaff - Uselding

4 km, einfach

Mam Stephie Reichert, Albert Waltzing
& Georges Majerus vun den Useldinger
Prioratsfrënn

Sonndes, 5. Oktober
Eil

D'Schleise vun der Grousswiss zu Eil

9h30-12h00

Depart: Centre Culturel

Camille Ney - Eil

4,5 km, einfach

Mam Alwin Geimer & Romain Gaspar

Allgemeng Informatiounen

D'Erklärunge sinn op
Lëtzebuergesch.

D'Umeldung ass obligatoresch
bis 1 Woch virum Tour:

event@kanton-reiden.lu

T 28 33 4-040

Käschten:

Erwuessener: 10 € (Apero abegraff)

< 18 Joer: 5 €

Weider Detailer bei der Umeldung!

ZÄITREES-PROJET

OP ZÄITREES DUERCH DE WËLLE WESTEN – NEI TRÛPPELTIER MAT PANNEAUEUEN

Eise Kanton ass räch u Geschicht a Geschichten, un Traditionen an geschichtsträchtege Gebailechkeeten. Dat gëtt eis och ëmmer erëm vu Visiteure bestätegt, déi an eise Kanton luusse kommen. Eis Geschichtsveräiner, Lokalhistoriker, Hobbysammler a Muséeën hu glécklicherweis iwver Joerzénge eng aussergewöhnlech Aarbecht geleescht a vill Fotoen, Dokumenter a Material gesammelt, opgeschafft an archivéiert.

Fir e Stéck vun dësem Räichtum mat den Awunner a Visiteuren ze deelen, gouf 2021 de Projet „Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen“ an d'Liewe geruff. Deemools goufen 100 Panneae mat ale Fotoen am ganze Kanton opgeriicht.

An de leschte Méint sinn e puer weider Panneae bäikomm, sou dass mir an all Gemeng elo een Zäitrees-Trëppeltour ubidde kënnen, op deem een a regelméisseg Ofstänn eenzegaarteg historesch Fotoen aus dem Duerf entdecker kann. Nei ass och, dass op all Tour ee Gucklach-Panneau steet mat enger aler Foto, natierlech aus eisem Kanton.

De Projet gouf zu engem groussen Deel vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte finanziert. Ouni den Engagement an d'Kompetenz vun eise Geschichtsveräiner a Lokalhistoriker wier dëse Projet net méiglech gewiescht. Mir soen hinnen e ganz hærzleche Merci fir hir wäertvoll Hëllef an déi exzellent Zesummenaarbecht!

Deemnächst kënt och eng Zäitrees-Kaart eraus, op där all d'Trëppeltier an historesch wichteg Plazen agedroe sinn. Dir wäert dës Kaart an eiser TouristInfo zu Useldeng kafe kënnen.

Profitéiert och vun eise guidéierten Zäitrees-Trëppeltier, déi am Summer an am Hierscht stattfanne wäerten. Dëst ass eng eemoleg Geleeënheet, fir zesumme mat eise fachkënnege Lokalhistoriker op Zäitrees duerch eis Dierfer ze goen a vill erstaunlech Informatiounen iwver d'féiert Liewen am Kanton ze kréien.



D'Zäitrees-Pannee ginn Hannergrond – Informatiounen iwver historesch wichteg Plazen.

Les panneaux du parcours « Un voyage à travers le temps » fournissent des informations sur des lieux historiques importants de notre canton.



Zwee vun de Gucklächer
Deux des panneaux à trous.



**KANTON
RÉIDEN**

TOURISME

Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 334-040
report@kanton-reiden.lu



Een Extrait aus der Zäitrees-Kaart
Un extrait de la carte "Zäitrees"

Mat der Ënnerstëtzung vun:
Avec le soutien de:



VOYAGE DANS LE TEMPS – À LA DÉCOUVERTE DU PASSÉ À TRAVERS DE NOUVEAUX CIRCUITS ET PANNEAUX

Notre canton est riche en histoire et en histoires, en traditions et en anecdotes fascinantes. Cela nous est régulièrement confirmé par des visiteurs curieux de découvrir notre région. Heureusement, nos associations historiques, historiens locaux, collectionneurs et musées ont accompli un travail remarquable au fil des décennies, en collectant, analysant et archivant de nombreuses photos, documents et autres matériaux.

Afin de partager une partie de cette richesse avec nos habitants et visiteurs, le projet « Un voyage à travers le temps » a été lancé en 2021. À l'époque, 100 panneaux illustrés de photos anciennes ont été installés dans notre canton.

Ces derniers mois, plusieurs panneaux supplémentaires ont été ajoutés, de sorte que nous pouvons désormais proposer, dans chaque commune, un circuit de balade historique, jalonné à intervalles réguliers de superbes photos d'époque illustrant la vie du village. Nouveauté : chaque circuit comprend également un panneau à trous pour la tête présentant une ancienne photo de notre région.

Le projet a été financé en grande partie par l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte. Sans l'engagement et les compétences de nos associations historiques, collectionneurs et historiens locaux, ce projet n'aurait pas été possible. Nous leur

adressons un grand merci pour leur précieuse aide et leur excellente collaboration !

Très prochainement paraîtra également une carte « Zäitrees », sur laquelle seront indiqués tous les circuits historiques ainsi que les sites d'importance historique. Vous pourrez vous la procurer à notre office de tourisme à Useldange.

Profitez aussi de nos balades guidées, qui auront lieu cet été et cet automne. C'est une occasion unique de partir à la découverte de nos villages aux côtés de nos historiens locaux compétents, et d'en apprendre davantage sur la vie d'autrefois dans le canton.

DE BUNGERËFER AUTOPEDESTER GËTT DEM NIC. MOLITOR GEWIDMET

LE SENTIER AUTOPEDESTRE DE BIGONVILLE DÉDIÉ À NIC. MOLITOR



© Nic. Molitor, coll. Molitor-Schonckert, Musée de l'Ardoise

Scho viru bal 100 Joer huet den Nic. Molitor sech vum Charme vum ieweschte Sauerdall fasziniéiere gelooss. Dës wëll Naturlandschaften an dat liewegt Duerfliewe vu Bungeref huet hien op Dausende Fotoen a Glasplacke festgehalten.

Um Autopedester vu Bungeref fannt Dir elo 17 Statiounen, wou Informatiounen iwwer dem Nic. Molitor säi Liewen a Wierke vermëttelt ginn: Am Duerf op Panneauen, an ausserhalb vum Duerf iwwer QR-Coden.

All d'Fotoen an d'Informatiounen stinn och an der neier Broschür „Den Nic. Molitor Wee“. D'Broschür ass zu Rammerich op der Gemeng, am Schiefermuseum an an eiser TouristInfo zu Useldeng erhältelech.

Dank dësem Projet kënn Dir lech elo op d'Spuere vum Nic. Molitor maachen, duerch déi onberéiert Natur wandern an lech an d'Zäit vu virun 100 Joer zréckversetzen. Dëse Projet ass an Zesummenaarbecht mam Romain Gaspar, dem Syndicat d'Initiative vu Bungeref an der Gemeng Rammerich entstanden.

Sonndes, de 14. September, fënnt eng geféiert Wanderung op dësem Wee mam Romain Gaspar statt. Uschlëssend gi mir an de fréieren Hotel Molitor – haut La Galerie – iessen. Méi Info: Säit 53


Il y a près de 100 ans, Nic. Molitor s'est laissé fasciner par le charme de la Vallée de la Haute-Sûre. Il a immortalisé ces paysages naturels sauvages et la vie villageoise animée de Bigonville sur des milliers de photos sur plaques de verre.

Le sentier autopédestre de Bigonville comprend aujourd'hui 17 stations qui présentent la vie et l'œuvre de Nic. Molitor : dans le village sur des panneaux, et en dehors du village via des QR codes.

Toutes les photos et informations sont également reprises dans la nouvelle brochure « Den Nic. Molitor Wee », disponible à la commune de Rambrouch, au Musée de l'Ardoise et à notre office de tourisme à Useldange.

Grâce à ce projet, vous pouvez désormais suivre les traces de Nic. Molitor, vous promener à travers une nature préservée et vous plonger dans l'atmosphère d'il y a 100 ans. Ce projet a été réalisé en collaboration avec Romain Gaspar, le Syndicat d'Initiative de Bigonville et la commune de Rambrouch.

Le dimanche 14 septembre, une randonnée guidée avec Romain Gaspar sur cet autopédestre est prévue. Elle sera suivie d'un repas dans l'ancien hôtel Molitor – aujourd'hui La Galerie. Plus d'infos : page 53



TouristInfo Wëlle Westen • Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff • L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45

tourisme@kanton-reiden.lu • www.visitwellewesten.lu

📍 visitwellewesten 📱 visitwellewesten

SAFARI AM WËLLE WESTEN – DÉI PERFÉKT OUTDOOR-AKTIVITÉIT FIR FAMILLEN

SAFARI AM WËLLE WESTEN - L'ACTIVITÉ DE PLEIN AIR PARFAITE POUR LES FAMILLES



Entdeckt déi 20 kannerfrëndlech Trëppeltier an eisem Kanton a sicht ënnerwee no de verstoppten Hiweiser. Nëmmen esou kënt Dir de spannenden Déiere-Quiz léisen!

D'Bichelche mat allen Informatiounen kritt Dir an eiser TouristInfo zu Useldeng oder online op kanton-reiden.lu/safari



Découvrez les 20 sentiers adaptés aux enfants dans notre canton et partez à la recherche des indices cachés tout au long des parcours. Ce n'est qu'ainsi que vous pourrez résoudre le passionnant quiz sur les animaux !

Le livret contenant toutes les informations est disponible à notre office de tourisme à Useldange ou en ligne sur kanton-reiden.lu/safari



ÉISCHTER BËSCHROU – WALDBADEN MAT ALLE SËNNER

ÉISCHTER BËSCHROU – BAIN DE FORÊT POUR TOUS LES SENS

D'Gemeng Rammerich huet zesumme mat hirem Fierschter a mam ORT Éisléck den neie Trëppeltour „Éischter Bëschrou“ ausgeschafft. Hei geet net nëmmen ëm d'Wandere, mee virun allem dorëms, de Bësch mat alle Sënner ze erliewen: ze richen, ze kucken, ze lauschteren, ze spieren an esouguer ze schmaachen. De markéierte Wee ass 4 km laang, net fir Kutschen oder Rollstull gëeegent, an erfuerdert trëttsécher Schong. Parking ass am Duerf bei der Kierch, de Startpunkt läit laanscht d'Strooss Richtung Fouscht.



La commune de Rambrouch, en collaboration avec son garde forestier et l'ORT Éisléck, a élaboré le nouveau circuit de randonnée « Éischter Bëschrou ». Ici, il ne s'agit pas seulement de marcher, mais surtout de vivre la forêt avec tous ses sens : sentir, observer, écouter, toucher et même goûter. Le sentier balisé fait 4 km, n'est pas adapté aux poussettes ou fauteuils roulants, et nécessite des chaussures adaptées. Un parking est disponible dans le village près de l'église, le point de départ se trouve le long de la route en direction de Fouschette.

KANTON REIDEN TOURISME

ALL D'WANDERWEEËR AUS DEM KANTON OP EE BLÉCK

UN APERÇU DE TOUS LES SENTIERS DE RANDONNÉE DU CANTON



**KANTON
REIDEN**

TOURISME

TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
visitwellewesten.lu
📍 visitwellewesten
📷 visitwellewesten

An der neier Broschür „Wanderweeër am Kanton Réiden“ fannt Dir all déi aktuell Wanderweeër aus eisen 9 Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg. Nieft Informatiounen iwwer Distanz, Beschëlderung, Startpunkt, fannt Dir och d'Linken op d'GPX-Dateien.

Et gëtt also keng Excuse méi fir dëse Summer net op Wanderschaft duerch eise wonnerschéine Wëlle Westen ze goen!

Mir wënschen Iech vill Freed beim Trëppelen a freeën eis op Är Andréck a Fotoen!

Dans le nouveau livret « Randonnées dans le canton de Redange », vous trouverez tous les sentiers de randonnée actuels des 9 communes du canton de Redange et de la commune de Mertzig. En plus d'informations sur la distance, le balisage et le point de départ, le point de départ, vous trouverez également les liens vers les fichiers GPX.

Il n'y a donc plus d'excuse pour ne pas partir en randonnée dans notre magnifique région cet été !

Nous vous souhaitons beaucoup de plaisir lors de vos balades et nous réjouissons de découvrir vos impressions et vos photos !



D'Broschür fannt Dir hei / Veuillez trouver la brochure ici :
kanton-reiden.lu/-randonnees



D'REVANCHE VUN DER HEX KATRIN THEIS



version FR

QUIZ-RALLYE FIR ERWUESSENER VUM SERVICE TOURISME & VIVRE ENSEMBLE VUM KANTON RÉIDEN 19.07-17.08

Nom Erfolleg vun eise Quiz-Rallye vun 2021-2024 hu mir erëm fir dëse Summer ee Quiz-Rallye organiséiert! Dës Kéier gitt Dir op d'Sich no den Indizie fir de Fluch vum Katrin Theis ze briechen!

Hëlleft eis **d'Indizien** ze fannen, fir de **Fluch ze briechen** – an de **Geescht** vum Katrin Theis ze **erléisen**.
Dir hutt Zäit vum 19.07 bis de 17.08.2025 den Indizien nozegoen.

Méi Infoe kritt Dir bei der Umeldung.

Joerhonnerte si vergaangen, mee den Numm **Katrin Theis** gëtt zu **Useldeng** an am Wëlle Westen nëmmen am Flüstertoun ausgeschwat. Vill Bierger a Biergerinnen haten

Angscht virun hir. D'**Katrin gouf an de Kerker vum Useldeng** geheit. Eng Hiriichtung war net virgesinn, si sollt aus der Herrschaft **Useldeng verbannt** a mat Rutte verjot ginn. A wéi d'Wiechter awer moies an de Kerker gaange sinn, hunn si se doudeg **fonnt**.

Et heescht, **virum Doud hätt si e Pakt mat der aler Welt** **gemaach** – mat **Muechten, méi al wéi d'Kierch selwer**. Si hätt **e Fluch ausgeschwat**, dee **Misär** an Angscht iwver d'Regioun brénge sollt. **Dëst war hir Revanche**.

All **Fluch huet awer en Ursprung** – an eng **Schwaachstell**. Hëlleft eis **d'Indizien** ze fannen, fir de **Fluch ze briechen** – an de **Geescht** vum Katrin Theis ze **erléisen**.

Spilloflaf

Dir hutt 1 Mount Zäit, den Indizien nozegoen an ënnerschiddlech Froen an den 9 Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg ze beäntwerten. Schéckt eis déi jeeweileg Äntwerten op tourisme@kanton-reiden.lu eran, mir rechnen lech déi verschidde Punkten dann un. Et ass lech fräi iwverlooss, wéi vill Froen Dir wierklech beäntwert, ma schlussendlech geet et dorëm, wien déi meeschte Punkten huet, huet och gewonnen.
Bei engem Gläichstand gëtt de Präis geloust.

*All richteg Fro bréngt lech 50 Punkten.
All Foto bréngt lech 100 Punkten.*

Präisser:

- 1 Iwwernuechtung am Duebelzëmmer mat lessen an engem vun eis ausgewielten Hotel aus dem Wëlle Westen
- 150 € Consommatious-Bong am Hotel-Brasserie Péitche Lauer
- 1 Corbeille aus der Regioun am Wäert vun 80 €
- 1 Escape Room am Schifermusée bis 5 Persounen mat enger Descente an de Souterrain am Wäert vun 80 €

Umeldung & Info:

tourisme@kanton-reiden.lu
(+352) 28 33 45 10



TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
[visitwellewesten.lu](https://www.visitwellewesten.lu)
 [visitwellewesten](https://www.facebook.com/visitwellewesten)
 [visitwellewesten](https://www.instagram.com/visitwellewesten)

12.-20. JULI

KIDS DAYS

AN DER RÉIDENER SCHWÄMM

**WAASSERSPILLER • POWER BOOTER • WETTRUTSCHEN
SPRANGSCHLASS • KLOTERBIERG • KIDS SAUNA
FACEPAINTING • BBQ & SCHNEEKEREIEN**



GANZ GROUSSE

KINO

18. Juli um 20h00

GLADIATOR II*

19. Juli um 18h00

**KUNG FU
PANDA IV***

* op Däitsch

**réidener
schwämm**

reidener-schwemm.lu



RÉIDENER SCHWÄMM

D'BRASSERIE BRASS INN VUN DER RÉIDENER SCHWÄMM

LA BRASSERIE BRASS INN DE LA PISCINE DE REDANGE

Kommt bis laanscht a loosst lech an eiser Brasserie verwinnen an e gemittleche Moment bei engem gudde Maufel net entgoen.

D'Brasserie vun der Réidener Schwämm "Brass Inn" heescht lech häerzlech wëllkomm vu méindes bis samschdes vun 11:00 bis 20:30 Auer, a sonndes vun 11:00 bis 19:30 Auer.

Um Menü: eng grouss Auswiel u Plate fir all Goût, lecker Snacken a frësch Zaloten.

Fir Grouss a Kleng ass eppes derbäi.

D'Ekipp vun der Brasserie "Brass Inn" freet sech drop, lech mat engem Laachen ze begréissen.



Réidener Schwämm
28, rue de la Piscine
L-8508 Redange / Attert

(+352) 23 62 00 32-1
info@reidener-schwemm.lu
reidener-schwemm.lu


Venez-vous régaler à notre brasserie ! Envie de passer un bon moment autour d'un repas savoureux ?

La Brass Inn vous accueille du lundi au samedi, de 11h00 à 20h30 et le dimanche de 11h00 à 19h30.

Au menu : une variété de plats pour tous les goûts, snacks délicieux et salades fraîches.

Il y en a pour les petits et les grands.

L'équipe de la Brass Inn vous attend avec le sourire pour vous faire passer un agréable moment.



KANTON RÉIDEN VIVRE-ENSEMBLE

ËMFRO BEI EISE VERÄINER

Veräiner si wichtig fir d'Duerfliewen an hëllef, nei Awunner z'integréieren. Säit dem Covid ass et awer e gesellschaftlechen Trend, sech manner a Veräiner engagéieren ze wëllen. Déi individuell Flexibilitéit gëtt dacks méi héich bewäert wéi dat gemeinschaftlecht Erliefnis. Och fir de Pakt vum interkulturelle Zesummeliewen ass dëse Phänomen en zentraalt Thema. Dowéinst huet eng regional Aarbechtsgrupp eng Ëmfro gestart, fir d'Situatioun vun de Veräiner an eisem Eck besser ze verstoen.

Wéi sinn mir virgaangen?

D'Aarbechtsgrupp huet e Questionnaire a véier Sproochen ausgeschafft, deen duerno vum Comité de pilotage validéiert gouf. D'Gemengen hunn eis déi aktuell Lëscht vun de lokale Veräiner mat den zoustännege Kontaktpersoune geschéckt. D'Veräiner haten ee Mount Zäit, fir de Questionnaire auszufüllen.

Am Kanton Réiden an an der Gemeng Mäerzeg ginn et am Ganzen 286 Veräiner, dovunner hu 50 un der Ëmfro deelgeholl. Hei fannt Dir eng kuerz Iwwersicht vun den éischten Resultater. Déi detailléiert Auswärtung stelle mir den interesséierte Veräiner gär zur Verfügung.

D'Veräinslandschaft am Kanton Réiden an an der Gemeng Mäerzeg

Pro 1.000 Awunner ginn et am Duerchschnitt 12 Veräiner. Déi meescht Veräiner si Sportveräiner (74), gefollegt vun Traditiounsveräiner (53), Museksveräiner (42) a Kulturveräiner (28). 80 % vun de Veräiner hunn och Memberen, déi net an der selwechter Gemeng wunnen. Dacks sinn d'Veräiner entweder haaptsächlech

männlech (46 %) oder weiblech (36 %) besat, just 17 % si gemëscht.

Memberen an Engagement

82 % vun de Veräiner soen, hir Memberen wieren engagéiert oder ganz engagéiert. Gläichzäiteg mellen 70 % vun de Veräiner, datt et schwéier ass, nei Memberen ze gewannen. An 66 % vun de Veräiner gëtt Lëtzebuergesch geschwat, duerno Franséisch (17 %) an Englesch (6 %). Déi meescht Memberen si Lëtzebuerger (40 %), duerno kommen d'Belsch (15 %) an d'Portugisen (11 %).

Wéi geet et weider?


Den Aarbechtsgrupp setzt sech elo nach mat de Kommentare vun de Veräiner auserneen a konzentriert sech besonnesch op méiglech Synergien a besser Kommunikatioun. D'Zil ass, d'Veräinsliewen iwwert d'Gemengegrenzen eraus ze stäerken. Déi éischt Donnéeë leie vir – elo geet et dréms, zesummen éischt Aktiounen ze plangen. All Veräin ass invitéiert, sech an eisem Aarbechtsgrupp anzebréngen.



Kanton Réiden Service
Vivre-Ensemble
11, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu

D'Grënn fir de Mangel un Engagement a Veräiner Raisons du manque d'engagement dans les associations



ENQUÊTE AUPRÈS DE NOS ASSOCIATIONS

Les associations jouent un rôle essentiel dans la vie villageoise et contribuent à l'intégration des nouveaux habitants. Depuis la crise du Covid, on constate cependant une tendance sociale à moins s'engager dans les associations. La flexibilité individuelle est souvent plus valorisée que l'expérience collective. Ce phénomène est aussi un sujet central pour le Pacte du vivre-ensemble interculturel. C'est pourquoi un groupe de travail régional a lancé une enquête pour mieux comprendre la situation des associations dans notre région.

Comment avons-nous procédé ?

Le groupe de travail a élaboré un questionnaire en quatre langues, validé ensuite par le comité de pilotage. Nous avons demandé aux communes de nous fournir la liste actualisée des associations locales ainsi que les contacts correspondants. Les associations disposaient d'un mois pour remplir le questionnaire. Dans le canton de Redange et la commune de Mertzig, il existe au total 286 associations, dont 50 ont participé à l'enquête. Vous trouverez ici un bref aperçu des premiers résultats. Les résultats détaillés seront volontiers mis à disposition des associations intéressées.

Paysage associatif dans le canton de Redange et la commune de Mertzig

On compte en moyenne 12 associations pour 1 000 habitants. La majorité sont des clubs sportifs (74), suivis d'associations traditionnelles (53), musicales (42) et culturelles (28). 80 % des associations comptent aussi des membres qui n'habitent pas dans la même commune. Souvent, les associations sont majoritairement masculines (46 %) ou féminines (36 %), 17 % sont mixtes.

Membres et engagement

82 % des associations indiquent que leurs membres sont engagés ou très engagés. En même temps, 70 % signalent qu'il est difficile de recruter de nouveaux membres. Dans 66 % des associations, la langue

principale est le luxembourgeois, suivi du français (17 %) et de l'anglais (6 %). La plupart des membres sont luxembourgeois (40 %), suivis de Belges (15 %) et de Portugais (11 %).

Et la suite ?

Le groupe de travail continue d'analyser les commentaires des associations, en mettant l'accent sur les synergies possibles et l'amélioration de la communication. L'objectif est de renforcer la vie associative au-delà des frontières communales. Les premières données sont disponibles – il s'agit maintenant de planifier ensemble les prochaines actions. Toutes les associations sont invitées à participer à notre groupe de travail.

LEADER WËLLE WESTEN



HAPPY BIRTHDAY!

Aus enger Iddi ass – mat vill Geschéck – e feste Bestanddeel vum ländleche Liewen entstanen, a gläichzäiteg e wichtige Katalysator fir d'Entwécklung am Weste vum Land ginn. Sou kann ee kuerz a knapp d'Succès-Story vu LEADER an eiser Regioun resuméieren. Et ass eng spannend a beweegte Geschicht iwver Leidenschaft, Zesummenhalt an Engagement.

Eng Regioun entdeckt a lieft säin Talent: de regionale Geesch

Am Juni feiere mir 10 Joer „LEADER Wëlle Westen“, dem haitegen Numm vun der LEADER-Regioun mam Sëtz zu Réiden an der Infostuff. Mee d'Rees goung schonn éischter lass: Schonn zanter 1994 goufen ënnert dem deemolegen Numm LEADER Réiden-Woltz, an dono LEADER Atert-Waark déi éischt wichteg Grondsteng an der Regioun geluecht. Eng Partie Gemengen haten sech zesummedoen, fir gemeinsam Projeten unzedenken an ze diskutéieren an – mat der Ënnerstëtzung vu LEADER – ëmzesetzen, ganz am Sënn vun engem Zesummeliewen, dat nohaltig, lokal verwuerzelt a vun Idealismus ugedriwwen war.

Ënnert der Leedung vum deemolege President Marco Gaasch (1958–2018), dono dem Gérard Anzia an dem laangjäregem Gestionnaire vum LEADER-Grupp Fons Jacques, ass eng dynamesch Bewegung entstanen, déi d'Regioun bis haut präägt. Dëst ënner anerem duerch Projete wéi d'Landakademie, de Service Égalité des chances, de Regionalmagasinn Synergie, déi éischt Regionalwährung BEKI oder och d'Formatioun vu politesche Mandatsdréier*innen.

10 Joer LEADER Wëlle Westen – 10 Joer solidaresch Zesummenaarbecht

Zënter 2022 dréit d'Initiativ den Numm LEADER Wëlle Westen an ass e Musterbeispill gi fir déi regional Entwécklung. Mat neien an innovativen Iddien – Slow Tourismus, d'Entwécklung vun Offeren am Beräich vun der nohaltiger Mobilitéit oder

Biergerbedeelegungsprojeten – gouf déi ländleche Regioun net nëmmen nei geduecht, mee och nei gelieft.

Besonnesch déi breet Zesummesetzung vum LEADER-Grupp ass zu engem Schlëssel vum Erfolleg ginn. LEADER Wëlle Westen zielt houfreg iwver 30 Memberen – zesummegeallt aus ville Veräiner, Gemengen, sozialen a kulturellen Initiativen a Betriber.



D'Partnergemengen – Biekerech, Ell, Groussbus-Wal, Mäerzeg, Préizerdau, Rammerech, Réiden, Sëll an Useldeng – droen dëse Geesch mat a maachen LEADER zu engem gemeinsame Projet mat Visioun fir d'Zukunft.

Motivéiert, och Deel vun LEADER Wëlle Westen ze ginn?

De LEADER-Büro zu Réiden ass op fir jiddereen. Op der Websäit www.leader.lu fannt Dir eng Iwwersiicht – souwuel iwwer d'Philosophie an d'Méiglechkeete vum

LEADER-Programm, wéi och iwwer déi vill innovativ Projeten.

Bréngt Är Iddien an a loosst lech begleeden: Zesumme kënnen mir och déi nächst 10 Joer erfollegräich gestalten – ganz am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung vun der Regioun – dem Geesch vum Wëlle Westen!

LEADER, dat steet fir Liaison Entre Actions de Développement de l'Économie Rurale – ass eng europäesch Initiative, déi d'ländlech Entwécklung stäerkt an de Mënsch an de Mëttelpunkt setzt. An eiser Regioun ass dës Philosophie esou staark wéi nach ni verankert. Um Site www.leader.lu fannt Dir en Iwwerbléck vun alle Projeten, de Fonctionnement vun LEADER esou wéi och flott Erklärvideoen.

LEADER, signifie Liaison Entre Actions de Développement de l'Économie Rurale. Une initiative européenne qui met le monde rural au coeur du développement, et l'humain au coeur des projets. Dans notre région, cette philosophie est plus vivante que jamais. Retrouvez tous les projets, le fonctionnement du groupe, et des vidéos explicatives sur [leader.lu](http://www.leader.lu).

JOYEUX ANNIVERSAIRE!

D'une idée est née – grâce à beaucoup de savoir-faire – une composante essentielle de la vie rurale, qui est devenue en même temps un véritable catalyseur pour le développement de l'Ouest du pays. Voilà, en résumé, l'histoire à succès de LEADER dans notre région. Une histoire vivante et mouvementée, faite de passion, de solidarité et d'engagement.

Une région découvre et vit ses talents : l'esprit régional

En juin, nous fêtons les 10 ans de LEADER Wëlle Westen, le nom actuel de notre groupe LEADER, basé à Redange dans l'espace InfoStuff. Mais le voyage a commencé bien avant : dès 1994, sous le nom de LEADER Redange-Wiltz, puis LEADER Atert-Wark, les premières pierres ont été posées. Plusieurs communes se sont regroupées pour réfléchir, planifier et – avec l'appui de LEADER – réaliser des projets, portés par un idéal de vie ensemble, durable et enraciné localement.

Sous la présidence de Marco Gaasch (1958–2018), puis grâce à l'implication de Gérard Anzia et du gestionnaire de longue date Fons Jacques, un véritable mouvement régional est né, qui façonne encore aujourd'hui le visage de notre région. Parmi les projets emblématiques : la Landakademie, le Service Égalité des chances, le magazine régional

Synergie, la première monnaie régionale BEKI ou encore la formation des élu-es locaux·ales.

10 ans de LEADER Wëlle Westen – 10 ans de collaboration solidaire

Depuis 2022, le groupe s'appelle LEADER Wëlle Westen et est devenu un modèle de développement local. Grâce à des idées nouvelles et innovantes – slow tourisme, mobilité durable, projets participatifs – la région rurale a été repensée... et surtout, elle se vit autrement aujourd'hui.

Ce qui fait la force du groupe LEADER Wëlle Westen, c'est sa diversité : plus de 30 membres, issus de communes, associations, entreprises, et initiatives sociales ou culturelles. Les communes partenaires – Beckerich, Ell, Grosbous-Wahl, Mertzig, Préizerdau, Rambrouch, Redange, Saeul et Useldange – partagent toutes cet esprit et font de LEADER un projet collectif tourné vers l'avenir.

Envie de faire partie de l'aventure LEADER Wëlle Westen ?

Les portes du bureau LEADER à Redange vous sont grandes ouvertes !

Sur le site internet, vous trouverez tout : la philosophie du programme, les opportunités concrètes, et les projets innovatifs déjà réalisés.

Apportez vos idées et laissez-vous accompagner – ensemble, continuons à construire les 10 prochaines années, dans l'esprit du développement durable et de l'Ouest audacieux : l'esprit du Wëlle Westen !



LEADER WËLLE WESTEN
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Atert

(+352) 28 334-920
wellewesten@leader.lu
leader.lu/wellewesten

ÉCOLE DE MUSIQUE DU CANTON DE REDANGE

NEIEGKEETEN AUS EISER MUSIKSCHOUL

E BLÉCK ZERÉCK A NO VIR: D'MUSIKSCHOUL VUM KANTON RÉIDEN VOLLER LIEWEN!

D'Réidener Musikschoul huet an de leschte Woche gewisen, wéi dynamesch, inklusiv a lieweg musikalesch Bildung am Kanton ka sinn. Dräi grouss Eventer hu Schüler, Enseignanten an d'Éffentlechkeet op en Neits zesummebruecht an d'Freed un der Musek zum Ausdruck bruecht.

MKR in Concert – Ee musikalescht Fest ouni Grenzen

Den 29. Mäerz 2025 war de Festsall vum ALR bis op déi lāscht Plaz geféllt – net nëmme mat Instrumenter, mee mat Leidenschaft, Energie a Musek! Méi wéi 150 Schüler an Enseignanten, dorënner 60 fënnfjäreg aus den Eveil-Klassen, hu viru ronn 400 Zuschauer e Programm gebueden, dee vu klassischer Musek (Carnaval des Animaux, Danse Macabre) bis bei modern Rockstécker (Seven Nation Army, Creep) gaangen ass. Ensembelen,

Solisten a Gesangsgruppen hu gemeinsam gewisen: Musek kennt keng Altersgrenzen a verbënnt eis all

Formation Musicale – Spaass, Léieren a Kreativitéit

De 26. Abréll stoung ganz am Zeeche vun der musikalescher Grondlag: e ganzen Nomëtteg war fir d'Schüler aus der Formation Musicale reservéiert – mat villfältege Workshops, kreativem Zesummespill an enger flotter ofschléissender Präsentatioun. Ronn 80 Schüler hu matgemaach a konnten op spilleresch a motivéierend Aart a Weis hiert musikalescht Kënnen ausbauen.

Porte ouverte – 14. Juni 2025

Während eiser Porte ouverte vum 14. Juni huet d'Musikschoul hir ganz Villsäitegkeet gewisen – eng oppen Dier an d'Welt vun der Musek, wou Toun a Begeeschterung sech getraff hunn. All eis Ensembelen hu sech presentéiert an d'Visiteure kruten e konkrete Bléck op d'Diversitéit an d'Qualitéit vun eiser Aarbecht. Vun de klenge Gruppe bis bei déi grouss Formatiounen huet





d'Freed um Spill dominéiert. Déi grouss Zuel u Visiteuren – Elteren, Frënn a Museksinteresséiert – huet gewisen, wéi grouss den Interessi un eiser Schoul ass. Net zulescht hu mir eis och iwwe vill nei Aschreiwunge freeë kënnen – e kloert Zeeche vum Erfolleg!

E BLÉCK NO VIR: DIPLOMIWERRERECHUNG, NEIEGKEETEN A PERSPEKTIVEN

Diplomfeier – 12. Juli 2025

Eis traditionell Diplomiwerrerechung fënnt dëst Joer den 12. Juli um 15:00 Auer um Site vum ALR statt. Bei schéinem Wieder natierlech ënner fräiem Himmel – a bei Reen am Festsall vum Lycée. Eng feierlech Geleeënheet fir eis Schüler ze éieren an hir Leeschtungen ze feieren.

Formation Musicale: Neie Schwéierpunkt am Schouljoer 2025/26

Am nächste Schouljoer gëtt de Fokus op d'Zousatzfächer an der Formation Musicale verstärkt. Schüler am 2. an 3. Joer wälen en obligatorescht Niewefach: Bléiserklass oder Gesangs- a Rhythmusklass. Dëst soll d'praktesch an d'musikalesch Entwécklung nach méi aktiv féerden.

Nei Offer ab September: Chouer fir Erwuessener mat inklusivem Charakter

Ganz nei am Programm ass och en Erwuessenechouer – fir all déi, déi Musek a Gesang an der Gemeinschaft wëllen erliewen. Umeldungen si fir jiddereen!

Nei Schüler schreiwen sech bis de 5. Juli 2025 an

All Interesséierter – nei Schüler, Kanner wéi Erwuessener – sollen sech am Beschten nach virum 5. Juli 2025 umellen. Detailer zu eiser Offer an zur Aschreiwung fannt Dir am Sekretariat an op eiser nei gestallter Homepage: emcr.lu

Musek verbënnt
Generatiounen – mir
freeën eis op déi nächst
musikalesch Etappe
mat lech alleguer!



Ecole de Musique du Canton de Redange
1, rue du Lycée
L-8508 Redange/Attert

(+352) 23 62 08 76
info@emcr.lu
emcr.lu

Ecole de Musique du Canton de Redange

NOUVELLES DE NOTRE ÉCOLE DE MUSIQUE



UN REGARD EN ARRIÈRE ET VERS L'AVENIR : L'ÉCOLE DE MUSIQUE DU CANTON DE REDANGE PLEINE DE VIE !

Ces dernières semaines, l'École de musique du Canton de Redange a montré à quel point l'éducation musicale peut être dynamique, inclusive et vivante dans notre canton. Trois grands événements ont à nouveau rassemblé élèves, enseignants et le public, exprimant ensemble la joie de faire de la musique.

MKR in Concert – Une fête musicale sans frontières

Le 29 mars 2025, la salle des fêtes du ALR affichait complet – remplie non seulement d'instruments, mais aussi de passion, d'énergie et de musique ! Plus de 150 élèves et enseignants, dont 60 enfants de 5 ans des classes d'éveil, ont offert à près de 400 spectateurs un programme allant de la musique classique (Carnaval des

Animaux, Danse Macabre) à des morceaux rock modernes (Seven Nation Army, Creep). Ensembles, solistes et groupes vocaux ont démontré ensemble : la musique ne connaît pas de limites d'âge et nous unit tous.

Formation Musicale – Plaisir, apprentissage et créativité

Le 26 avril a été entièrement consacré aux bases musicales : un après-midi complet réservé aux élèves de la Formation Musicale – avec de nombreux ateliers, des jeux musicaux créatifs et une présentation finale très réussie. Environ 80 élèves y ont participé et ont pu développer leurs compétences musicales de manière ludique et motivante.

Journée portes ouvertes – 14 juin 2025

Lors de notre journée portes ouvertes du 14 juin, l'école de musique a révélé toute sa diversité – une porte ouverte sur le monde de la musique, où sons et enthousiasme se sont rencontrés.

Tous nos ensembles se sont présentés, et les visiteurs ont eu un aperçu concret de la richesse et de la qualité de notre travail. Des plus petits groupes aux grandes formations, le plaisir de jouer était omniprésent. Le grand nombre de visiteurs – parents, amis et amateurs de musique – a témoigné de l'intérêt que suscite notre

école. Et nous nous réjouissons tout particulièrement des nombreuses nouvelles inscriptions – un signe clair de notre succès !

REGARD VERS L'AVENIR : REMISE DE DIPLÔMES, NOUVEAUTÉS ET PERSPECTIVES

Remise des diplômes – 12 juillet 2025

Notre traditionnelle cérémonie de remise des diplômes aura lieu cette année le 12 juillet à 15h00 sur le site du ALR. Par beau temps en plein air, et en cas de pluie dans la salle des fêtes du lycée. Une belle occasion de mettre nos élèves à l'honneur et de célébrer leurs réussites.

Formation Musicale : nouvelle orientation pour l'année scolaire 2025/26

L'année prochaine, l'accent sera davantage mis sur les cours complémentaires dans la Formation Musicale. Les élèves de 2^e et 3^e année devront choisir une matière obligatoire supplémentaire : classe de cuivres ou classe de chant et de rythme. Une démarche visant à encourager encore plus activement leur développement pratique et musical.

Nouvelle offre à partir de septembre : chorale pour adultes à caractère inclusif

Une grande nouveauté : la création d'une chorale pour adultes – ouverte à toutes celles et ceux qui souhaitent vivre la musique et le chant en groupe. Les inscriptions sont ouvertes à tous !

Nouveaux élèves : inscriptions jusqu'au 5 juillet 2025

Toutes les personnes intéressées – nouveaux élèves, enfants comme adultes – sont invitées à s'inscrire de préférence avant le 5 juillet 2025. Les détails concernant notre offre et les modalités d'inscription sont disponibles au secrétariat ainsi que sur notre site internet récemment actualisé : emcr.lu

La musique unit les générations – nous nous réjouissons des prochaines étapes musicales à vos côtés !



DEM ROMAIN GASPAR SENG GROUSS PASSIOUN FIR EIS LOKALGESCHICHT

De Romain Gaspar begeeschtert sech scho säit laangem fir eis Lokalggeschicht. Hien huet eng Rei Bicher rausbruecht a weiderer sinn an der Maach. Am Kader vum Projet „Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen“ huet de Romain intensiv matgeschafft a vill al Fotoen aus senger Kollektioun zur Verfügung gestallt. Mir hunn eis mam Romain iwwer seng Leidenschaft ënnerhalen.



Kanns Du Dech kuerz vorstellen?

Ech si vun Holtz a wunnen zu Kleng-Elchert. Säit 34 Joer sinn ech Schoulmeeschter zu Ell.

Wouhier kënt Deng Begeescherung fir d'Lokalggeschicht?

Vu 15 Joer u sinn ech an de Lokalveräiner engagéiert: Club des Jeunes, Fussball, Dëschtennis, Syndicat

d'Initiative, Geschichtsrënn, ... Dat ganz Veräinsliewe mat alle Fester a Manifestatiounen hunn ech vum éischten Dag un am Bild festgehal. Fir d'éischt männer an duerno konsequent an intensiv. Gläichzäiteg hunn ech alles versuergt, wat bäi de Veräiner iwwer d'Joer ugefall ass.

Kanns Du Dech un dee Moment erënneren, wou Däin Interessi fir eis Lokalggeschicht erwächt gouf?

Dat ass schwéier soen, mee schonn als Kand huet

mäi Papp mech matgeholl „Steng klappen“. Virun allem d'Mineralien an d'Fossilie vun de Leekolle vun Uewermaartel a vun der Roumicht hu mech nit méi lassgelooss.

Wat fasziniert Dech besonnesch un der Geschicht vun eiser Regioun?

Al Fotoen!




Wéi eng Bicher hues Du ewell publizéiert?

Dat éischt Buch war 2003 d'Geschicht vum Club des Jeunes vun Holtz, een aussergewöhnlecht Format, dat de Jos Graas, d'Doris Thilmany an ech zesumme gemeet hunn. 2010-2016 hunn ech mat menger Rei „D'Gemeng Ell an der aler Zäit“ ugefaang (Band 1: Kleng-Elchert, Band 2: Ell - fir d'éischt, Band 3: Ell - fir d'zweet). 2019 d'Buch „No 100 Joer un d'Liicht“, 2021 50 Joer SC ELL, 2022 „Virun 100 Joer: e Lëtzebuerger Chirurg am Congo“. An du war mol fir 2 Joer de Rimm rof.

Wéi laang schafft Du un engem Buch a wéi gees Du vir?

